

Klautjen

Nr. 02/2024



www.bissen.lu

PROJETEN A REALISATIOUNEN

- 6 Fortschrëtt vun den Aarbechten
- 12 Naturpakt – Engagement gëtt ausgezechent!
- 13 Ufervegetation Bissen
- 14 Mobilitéit News

EVENEMENTER & RÉCKBLÉCK

- 18 Eurovision Night
- 21 Terrabis 2024
- 27 FC Atert Bissen – dräimol Champion!
- 28 Bis'Art 2024
- 31 Bis'Scène 2024 – op 2 Deeg!
- 36 LALUX Bis'Trail 2024
- 52 Agenda: Save the Date!

REPORTAGEN & INTERVIEWS

- 62 Bis'Talk mam Fred Liber
- 64 100 Joer Onofhängekeet 1939 – de Biisser Fräiheitsgäertchen

ADMINISTRATIOUN & SERVICER

- 84 Kräizwuerträtzel
- 74 Aktioun Päiperlek
- 72 Youth & Work

Klautjen
Nr. 02/2024

Op ee Wuert



Léif Biisser,

Elo wou déi zweet Ausgab vum Klautjen fir 2024 do ass, sinn d'Summerméint alt nees eriwwer. Déi grouss Vakanz ass passé, d'Schoulen hu rëm ugefaangen. Jiddereen ass erëm a sengem gewinnten Alldag.

Op de Chantieren an eiser Gemeng gëtt rëm geschafft, an dëse Klautjen gëtt lech en lwwerbléck, wou déi momentan dru sinn. Fir d'Veälner geet eng nei Saison un, mat villen Aktivitéiten. Am Réckbléck gi si en Androck, wat alles an de leschte Méint bei hinne lass war.

Den Artikel iwwer de Fräiheitsgäertchen erënnert un d'Feierlechkeete fir 100 Joer Onofhängegkeet vun eisem Land. Fräiheet an Onofhängegkeet si Begrëffer, déi an eisen Zäiten net méi selbstverständlech sinn. An dësem Sënn stinn och d'Feierlechkeete vun der Journée commémorative am Oktober 2024, mat enger Ausstellung, wou och Är Mathëlef gebraucht gëtt.

Ganz flott och an dëser Ausgab ass den Interview mam Fred Liber. No engem sportleche Summer mat der Fussball EM an den Olympesche Spiller kuckt de Fred op seng eegen, ganz animéiert, Sportkarriär zréck.

Et ass lech sécher schonn opgefall, datt zanter der leschter Ausgab vum Klautjen ganz vill Artikelen, haaptsächlech déi, déi d'Gemeng betreffen, an den 2 Amtssproochen, Lëtzebuergesch a Franséisch, erschéngen. Och dat en Ausdrock vun der Villfalt vun de Kulturen, an där mir liewen, an an där mir gäre liewen.

Ech wënschen lech vill Spaass beim Liesen a vill Succès bei allem, wat Dir upaakt.

David Viaggi

Avec la parution de la deuxième édition du Klautjen pour 2024, les mois d'été sont passés. Les grandes vacances sont finies, l'école a de nouveau commencé. Tout le monde se redonne à son quotidien habituel.

Sur les chantiers dans notre commune le travail a recommencé. Cette édition vous donnera un aperçu sur la progression des différents travaux. Les clubs et associations entament la nouvelle saison et vous laissent revivre quelques moments de leurs activités passées.

L'article sur le "Fräiheitsgäertchen" (jardin de la liberté) rappelle les festivités des 100 ans d'indépendance de notre pays. Liberté et indépendance sont des trésors qui de nos temps deviennent de plus en plus fragiles. Dans ce sens auront lieu les festivités de la journée commémorative en octobre 2024, avec une exposition pour laquelle votre collaboration sera demandée.

Très intéressante aussi l'interview avec Fred Liber. Après un été dominé sportivement par le football et son Euro et les Jeux Olympiques, Fred nous parle de sa propre carrière sportive très animée.

Sûrement vous avez remarqué que dès 2024 beaucoup d'articles dans le Klautjen paraissent en deux langues, en luxembourgeois et en français. Cela reflète la diversité des cultures dans lesquelles nous vivons et dans lesquelles nous aimons vivre.

Je vous souhaite une bonne lecture et du succès dans tout ce que vous entreprenez.





Projeten & Realisatiounen



Route de Roost

D'Route de Roost (CR115) ass zanter dem 17. Juli 2024 nees fir de Verkéier op. Eng offiziell Aweigung vun der route de Roost mat där neier Vélospiste, deenen neie Busarréiten, mat eise Bushaisercher an den e-Paper gouf am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch den 18. September 2024 gemaach.

Clôture - Chantier « Route de Roost »

Depuis le 17 juillet la route de Roost (CR115) est de nouveau ouverte à la circulation. L'inauguration officielle de la route de Roost avec la nouvelle piste cyclable, avec les nouveaux arrêts d'autobus avec les affiches d'horaires e-paper a été faite lors de la semaine de la mobilité le 18 septembre.

Parc "An der Bléi"

Et handelt sech hei ëm eng Zone Tampon, déi als Park ugeluecht gëtt, tëscht dem PAP « An der Bléi » an dem PAP "Innovation Campus". Virum Summer-Kollektivcongé krute mir ee groussen Deel vun den Opbereedungsarbechte vum Buedem gemaach, deen nees op der Plaz fir d'Gestaltung vum Park geholl gëtt. Mir rechnen domadder, dass de Park fir d'Fréijoer, respektiv Ufank Summer 2025 fäerdeg wäert sinn.

Aménagement d'un parc entre l'Innovation Campus et la Cité « An der Bléi »

Il s'agit d'une zone tampon, qui sera aménagée en parc, entre le PAP "An der Bléi" et le PAP "Innovation Campus". Avant le congé collectif, une grande partie des travaux à la préparation de la terre, qui après sera utilisée à la finalisation du parc, ont été achevés. On compte que tous les travaux seront finalisés pour printemps ou début été 2025.



Den neien Atelier

Mir leien am Zäitkader. Virum Congé konnt de Radier vum Keller an ee groussen Deel vun de Streifenfondamenter fir déi hënnescht Ateliere gemaach ginn. D'Ausschreibung vum Holzbau (Hal + Ateliere, mat administrativem Trakt) ass publizéiert. Op dësem Site solle Raimlechkeete kreeéiert ginn, fir Gefrierer, Maschinnen, Handwierksgeschir, Büroen, Vestiairen a virun allem déi néideg Ateliere fir preparativ Aarbechten ënnerdaach ze kréien. Grousse Wäert ass vun dem Architect an den Ingenieuren op en héich funktionellt Gebai geluecht ginn, getrei dem Thema "Form Follows Function", wat spuersam mat eisen, dach wäertvollen, Ressourcen ëmgeet.

Le chantier progresse. Avant le congé collectif bon nombre de préparatifs ont été réalisés. L'avis d'adjudication pour le bâtiment en bois (halle et ateliers, avec la partie administrative) a été publié. Sur ce site seront créés des locaux pour abriter des véhicules, des machines, des outils, des bureaux, des vestiaires et surtout les ateliers nécessaires pour pouvoir effectuer des travaux préparatoires. L'architecte et les ingénieurs ont mis une grande importance à construire un bâtiment hautement fonctionnel, fidèle au thème "Form Follows Function", afin d'éviter le gaspillage de nos ressources en énergies tellement précieuses.



Rue de la Chapelle

D'Aarbechte sinn ofgeschloss an d'Strooss ass zanter dem Congé nees op fir de Verkéier.

Les travaux sont terminés et à partir du congé la route est ouverte à la circulation.



Zoufaartsstrooss am Seif

D'Aarbechte fir de Bau vun der neier Zoufaartsstrooss an der Zone Industrielle Kléngbousbiérg, an der "Rue am Seif" Richtung Luxlait lafen zanter Fréijoer 2024. Nieft de Reseauen, déi mir an déi besteend Strooss mussen „sichen“ goen, gëtt och eng nei Strooss gebaut, an dat op deem ale Feldwee, dee riets laanscht d'Kläranlag vun der Luxlait eropgeet. Sämtlech Reseauen si geluecht, d'Amenagementsarbechte vun där neier Zoufaartsstrooss sinn och virum Congé ofgeschloss ginn an de Binder ass agebaut. Et bleiwen nach puer Finitiounen an och d'Installatioun vun der ëffentlecher Stroossebeliichtung. Den definitiven Abau vum Macadam maache mir an 1-2 Joer, wann d'Chantiere vun de Firmen Rollingertec a Rotarex ofgeschloss sinn.

Les travaux pour la construction de la nouvelle route d'accès dans la zone Industrielle Kléngbousbiérg en direction de l'entreprise Luxlait ont également démarré. Une nouvelle route est en construction sur l'ancien chemin rural qui monte à droite le long de l'entreprise Luxlait. Tous les réseaux sont posés, les travaux d'aménagement de la nouvelle route ont été finalisés avant le congé collectif. Restent encore quelques travaux de finition et l'installation de l'éclairage public. La pose définitive du macadam sera réalisée dans 1 à 2 ans, après la clôture des chantiers des firmes Rollingertec et Rotarex.

Naturpakt – Engagement gött ausgezeechent!

D’Gemeng engagéiert sech aktiv fir den Naturschutz an ass dem Naturpakt 2021 bäigetrueden, dee vum Ëmweltministère an d’Liewe geruff ginn ass, fir den Naturschutz an de Gemengen ze férdere an ze beloune.

Beim éischten Audit 2022 huet d’Gemeng mat 40,82 % d’Basiszertifizéierung kritt. Déi enk Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng mat hiren eenzelnen Servicer, dem Fierschter an dem SICONA huet déi Progressioun méiglech gemaach.

Ëmgesate Moossnamen:

- Uleeë vun engem neie Weier fir Amphibien, wéi de Kammmolch, um Site Steenäcker
- Extensiv Gestiou vu Gréngflächen (Schofsbeweedung Grousse Maes)
- Installatioun vun Nistkëschte fir Vigel an Hieselmais
- 50 % Bio-Liewensmëttel an der Maison relais

Zukünfteg Projeten:

- Konzept fir gemengeneege Flächen am Oppeland
- Akerkartéierung
- Uleeë vun enger Blummewiss Um Maart
- Weider Projeten an Zesummenaarbecht mat de Baueren, z.B. Biodiversitéitsverträg

Weider Informatiounen op: pactenature.lu an sicona.lu



Pacte nature – un engagement certifié !

La commune s’engage activement pour la protection de la nature et a adhéré au Pacte nature en 2021. Celui-ci a été mis en place par le ministère de l’Environnement afin de promouvoir et récompenser les mesures de protection de la nature au niveau communal.

Dans le cadre du premier audit, la commune a obtenu la certification de base avec 40,82 %. La collaboration étroite entre la commune et ses services, le préposé forestier et SICONA a permis de progresser rapidement.

Les mesures mises en œuvre :

- Création d’une nouvelle mare pour amphibiens, tel le triton crêté, au site Steenäcker
- Gestion extensive d’espaces verts, telle la transhumance au Grousse Maes
- Installation de nids artificiels pour oiseaux et loirs
- 50 % d’aliments bio dans la maison relais

Les mesures à réaliser :

- Concept pour les surfaces communales en milieu ouvert
- Cartographie des champs
- Création d’un champ de fleurs Um Maart
- Autres projets en collaboration avec les agriculteurs, p.ex. contrat de biodiversité

Pour en savoir plus rendez-vous sur : pactenature.lu et sicona.lu



Ufervegetation Bissen

Stillgewässer sind in den letzten Jahrzehnten stark zurückgegangen. Da es sich hierbei um sehr wichtige und wertvolle Lebensräume handelt, sind sie heute geschützt. SICONA setzt sich seit mehr als 30 Jahren für die Erhaltung und die Neuanlage von Gewässern ein. Zudem werden seit einigen Jahren systematische Erfassungen der Wasser- und Uferpflanzen in von SICONA angelegten und gepflegten Gewässern durchgeführt.

Auch in der Gemeinde Bissen wurden im Jahr 2022 zwölf Stillgewässer untersucht. Die Ergebnisse zeigen eine hohe Artenvielfalt und das Vorkommen von seltenen und gefährdeten Pflanzenarten.

Abhängig von den Wuchsbedingungen (z. B. Nährstoffreichtum des Wassers, Wasserstand) bilden sich unterschiedliche Vegetationstypen. Die häufigsten sind Wasserpflanzengesellschaften, Röhrichte und Großseggenriede, die bei relativ konstantem Wasserstand vorkommen. Bei stärker schwankendem Wasserstand sind Flutrasen und Schlammuferfluren mit speziell an diese Bedingungen angepassten Pflanzenarten typisch. Generell werden neu angelegte SICONA-Weiher nicht bepflanzt, sondern der natürlichen Entwicklung überlassen. Vor allem Wasservögel transportieren die Samen der Pflanzen von einem Gewässer zum anderen, so dass auch eine gewisse Dynamik in der Artenzusammensetzung für diese Lebensräume kennzeichnend ist.

Im Rahmen der Projektvorstellung in Bissen wurde beispielhaft der westlichste Weiher in der Flur Laaschert vorgestellt, deren Habitatausprägung und Artenzusammensetzung, wie bei allen Weihern in der Gemeinde Bissen, im Jahr 2022 erfasst wurden. In und an diesem Gewässer wurden insgesamt fünf seltene und gefährdete Arten festgestellt. Um zu diesem Weiher zu gelangen, spaziert man an vier weiteren interessanten Gewässern vorbei. Zwei dieser Gewässer weisen das Vorkommen einer weiteren stark gefährdeten Art auf.



Végétation au bord de l'eau

Les zones humides, dont les plans d'eau, font partie des habitats menacés qui ont souvent été détruits et drainés par le passé. Depuis plus de 30 ans, SICONA s’engage pour la conservation et la restauration de plans d'eau et de zones humides. L'accent a longtemps été mis sur la faune, notamment les populations d'amphibiens. Depuis 2019, des relevés systématiques des plantes aquatiques et de berges sont effectués sur les plans d'eau créés et entretenus par le SICONA dans ses communes membres.

Douze plans d'eau ont ainsi été analysés dans la commune de Bissen en 2022. Les résultats montrent une grande diversité d'espèces et la présence d'espèces végétales rares et menacées.

En fonction des conditions de croissance (p. ex. richesse de l'eau en nutriments, niveau d'eau), différents types de végétation se forment. Les plus fréquentes sont les communautés de plantes aquatiques, les roselières et les carex, qui apparaissent lorsque le niveau d'eau est relativement constant. Lorsque le niveau d'eau est davantage variable, les prairies inondables et les berges boueuses sont typiques, avec des espèces végétales spécialement adaptées à ces conditions. En général, les mares créées par SICONA ne sont pas plantées, mais laissées à leur évolution naturelle. Surtout les oiseaux aquatiques transportent les graines des plantes d'un plan d'eau à l'autre, de sorte qu'une certaine dynamique dans la composition des espèces est caractéristique de ces habitats.

Dans le cadre de la présentation du projet, nous avons visité la mare située à l'extrémité ouest au lieu-dit Laaschert à titre d'exemple, dont les caractéristiques de l'habitat et la composition des espèces ont été recensées en 2022, comme pour toutes les mares de la commune de Bissen. Au total, cinq espèces rares et menacées ont été identifiées dans et autour de ce plan d'eau. Pour accéder à la mare, nous avons longé quatre autres plans d'eau intéressants. Deux de ces plans d'eau présentent une autre espèce fortement menacée.

Mobilitéit News – News am ëffentlechen Transport

Duerch d'Ëmgestaltung vum RGTR hunn d'Biisser Bierger säit dem 7. Juli puer flott Neierungen, wat den ëffentlechen Transport ugeet:

- **N°119:** Déi intressantst Ännerung ass bei der Linn 119. Dës fiert elo bis op Dikrech. bei de "Centre militaire", an dat an engem 30 Minutten Takt.
- **N°792:** Dat ass eng Nei Linn, déi 3mol den Dag een Aller & Retour mécht. Mat dësem Bus kënn Dir op Plazen, wéi Stengefort, Péiteng a Rodange kommen.
- **N°937:** Bei dëser Linn gouf den Horaire ugepasst.
- **N°941:** Bei dëser Linn gouf den Horaire ugepasst.
- **N°991:** Dat ass eng Nei Linn déi 3mol den Dag een Aller & Retour mécht. Mat dësem Bus kënn Dir op Plazen, wéi Schandel, Réiden an Arel kommen.


Nouveautés dans les transports publics

En raison de la restructuration du RGTR, les citoyens de Bissen bénéficient depuis le 7 juillet de quelques superbes nouveautés dans les transports publics


- **N° 119 :** Le changement le plus intéressant concerne la ligne 119, qui va désormais à Dikirch. au "Centre militaire", et cela toutes les 30 minutes.
- **N° 792 :** Il s'agit d'une nouvelle ligne qui permet une liaison aller-retour 3 fois par jour. Avec ce bus, vous pouvez vous rendre à des endroits comme Steinfort, Pétange et Rodange.
- **N° 937 :** L'horaire de cette ligne a été adapté.
- **N° 941 :** L'horaire de cette ligne a été adapté.
- **N° 991 :** Il s'agit d'une nouvelle ligne qui permet de faire un aller-retour 3 fois par jour. Ce bus vous permet de rejoindre des endroits comme Schandel, Redange et Arlon.

Weider Informatiounen / Plus d'informations


www.mobiliteit.lu



Ligne 1	Arrêts / Haltestelle	Aller
N° 1	rue des Jardins (N° 46)	7:25
N° 2	rue des Jardins (N° 34)	7:28
N° 3	Am Brill (N° 11)	7:31
N° 4	route de Colmar (N° 34A)	7:33
N° 5	rue des Moulins (pont piéton)	7:38
N° 6	École préscolaire	7:44
N° 7	École annexe C4	7:47
N° 8	École Primaire	7:48



Ligne 2	Arrêts / Haltestelle	Aller
N° 1	Rte de Roost (N°54)	7:25
N° 2	An der Bléi	7:26
N° 3	Kräizung (An der Bléi & Chemin de Bousbiérg)	7:28
N° 4	Kräizung (Jean Engel & Martin Greisch & M.C. Bertrand)	7:32
N° 5	Spillplaz Um Maes	7:35
N° 6	Parking Michel Stoffel	7:40
N° 7	École Primaire	7:46
N° 8	École annexe C4	7:47
N° 9	École préscolaire	7:50



Ligne 3	Arrêts / Haltestelle	Aller
N° 1	Kräizung op der Haed	7:35
N° 2	Kräizung am Grënnchen	7:37
N° 3	Kräizung um Knapp	7:39
N° 4	Um Knapp (bei der Spillplaz)	7:42
N° 5	Rte de Mersch (bei der Rutschban)	7:44
N° 6	École Primaire	7:47
N° 7	École annexe C4	7:48
N° 8	École préscolaire	7:50



Evenementen & Réckbléck

Eurovision Night

D'Gemeng Biissen an Zesummenaarbecht mam Eurovisiounsclub Lëtzebuerg an der Associatioun LUKraine asbl hunn e Freideg de 19. Abrëll op en internationalen Owend fir de gudden Zweck an d'Hal Frounert invitéiert. Nieft Live Optrëtter vun Tali, Krick, Joel Marques, Chaild, Angy and Rafa Ela, Naomi an One Last Time goufen och déi 37 offiziell Videoclippe vun de Länner, déi dëst Joer un der Eurovisioun zu Malmö deelhuele, projezéiert. Lëtzebuerg feiert do no 30 Joer säi Comeback. An engem Voting gouf eise perséinleche Favorit vum Owend ermëttelt. De ganzen Erléis vum Owend ass un d'Associatioun LUKraine asbl gespent ginn.



Soirée Eurovision caritative en date du vendredi 19 avril.

La Commune de Bissen en collaboration avec le Comité de l'Eurovision (OGAE) du Luxembourg et l'association LUKraine asbl ont invité le public à une soirée conviviale internationale à la Salle Frounert à Bissen. La soirée a commencé avec les prestations en direct de Tali, Krick, Joel Marques, Chaild, Andy & Rafa Ela, Naomi et One Last Time (7 des 8 candidats retenus pour le LSC: Luxembourg Song Contest). Les 37 clips officiels des pays participant cette année à l'Eurovision à Malmö ont ensuite été projetés sur écran géant. Le Luxembourg se représentait également après 30 années d'absence au concours ESC. Le public avait la possibilité de voter pour sa chanson favorite.

Les fonds récoltés lors de la soirée ont été entièrement versés à l'association LUKraine asbl.

Eurovision charity event on Friday 19th April.

Live performance by Tali, Krick, Joel Marques, Chaild, Andy and Rafa Ela, Naomi and One Last Time.

The Municipality Bissen in collaboration with the Eurovision Committee of Luxembourg and the association LUKraine asbl are delighted to invite you to an international night at Hal Frounert in Bissen. We offer the screening of the 37 official video clips of the 37 countries taking part in the Eurovision Song Contest in Malmö including Luxembourg who is celebrating its comeback after 30 years of absence at the contest. The audience had the opportunity to vote for its favourite entry.

All proceeds of the night have been entirely donated to the association LUKraine asbl.



Auditioun vum CMNord

No der Auditioun vum 7. Mäerz 2024 war de 25. Abrëll 2024 eng weider Auditioun vum Conservatoire de Musique du Nord, an zesummenaarbecht mat der Biisser Kulturkommissioun. Am Mäerz haten d'Schülerinnen an d'Schüler vum CMNord hiert Kënnen individuell op hirem Instrument bewisen.

Dës Kéier waren et d'Kanner aus de Kollektivcoursen Éveil Musical a Formation Musicale, déi gewisen hunn, wat si am lafende Schouljoer, also zënter Enn September 2023, geléiert hunn. Heibäi goung et ëm Taktgefill, Rhythmus a Melodie, also ëm d'Basis vun der Musek. D'Kanner ware mat Begeeschterung bei der Saach a konnten déi vill Leit, déi komm ware fir si ze ënnerstëtzen, iwwerzeegen.

No der Auditioun huet d'Biisser Gemeng eng kleng Rezeptioun offréiert als Ofschloss vun dësem wichtegen Optrétt fir d'Kanner.

Après l'audition du 7 mars 2024, le Conservatoire de Musique du Nord avait organisé, en collaboration avec la Commission Culturelle de la Commune de Bissen, une deuxième audition le 25 avril 2024. En mars 2024, les élèves du CMNord avaient fait preuve individuellement de leur degré de maîtrise de l'instrument de musique de leur choix.

Cette fois-ci, c'était aux enfants des cours collectifs Éveil Musical et Formation Musicale de montrer ce qu'ils ont appris pendant l'année scolaire en cours, soit depuis fin septembre 2023. Il s'agit du sentiment pour la mesure, le rythme et la mélodie, c'est-à-dire les bases mêmes de la musique. Les enfants ont montré avec enthousiasme leur savoir aux auditeurs nombreux, venus pour les encourager.

Après cette performance importante pour les enfants, la soirée s'est terminée par une petite réception offerte par la Commune de Bissen.

Foto: Jeannot Ley



25. Abrëll 2024

Wou

Frounert

Organisatioun

Conservatoire de Musique du Nord
a Biisser Kulturkommissioun

Terra'Bis 2024

9. Mee 2024

Wou

Frounert

Organisatioun

Kommissioun Vivre Ensemble Interculturel



Zanter 2022 gëtt zu Biissen den Europadag vum 9. Mee mat engem groussen interkulturelle Fest gefeiert. Dëst Joer hu Leit aus 17 verschiddenen Natiounen hiert Land duerch seng spezifesch lesskultur virgestallt. Deen Dag kommen am Frounert Leit, déi aus ville Länner vun der Welt stamen, zesummen a stelle sech an hiert Land vir. Um Terra'Bis gëtt gewisen, datt Mënschen aus ville Kulturen zesummen eppes erreche kënnen, datt si zesumme Freed hunn. Ganz no der Iddi vum Robert Schuman, deen de 9. Mee 1950, 5 Joer nom Enn vum 2. Weltkrich, de Grondstee vun der Europäischer Unioun geluecht huet, déi an Zukunft de Krich an Europa verhënnere sollt.

Dëst Joer war Radio Latina op der Plaz an huet déi Leit, déi matgemaach hunn, interviewt a gefrot, wéi si hiren Alldag an engem dach frieme Land erliewen. All hu se sech belueft, datt et sech gutt wunne léisst zu Biissen, datt et hinne lücht gemaach gouf sech ze integréieren an datt dëst Fest hinnen d'Méiglechkeet gëtt, d'Verbindung tëscht Lëtzebuerg an hirem Heemechtsland hierstellen. Wéi si op Lëtzebuerg koumen, hate si och e Stéck vun hirer Kultur an hirer Waliss an den 9. Mee maache si hir Waliss fir aner Leit op.

Depuis 2022 le Jour de l'Europe le 9 mai est célébré à Bissen par une grande fête interculturelle. Cette année des gens de 17 nations différentes ont présenté leur pays à travers ses spécialités culinaires. Ce jour-là, des gens, originaires de nombreux pays du monde, se réunissent et présentent leur personne et leur pays. La fête du Terra'Bis montre que des gens de cultures diverses peuvent être ensemble et s'amuser ensemble. Tout dans le sens de Robert Schuman, qui le 9 mai 1950, 5 ans après la Deuxième Guerre Mondiale, a présenté son idée d'une Europe avec des pays qui collaborent pour éviter une future guerre.

Cette année Radio Latina était sur place et tout au long de l'après-midi les reporters ont fait des interviews avec les participants en mettant l'accent sur le degré de leur intégration. Tous ont affirmé qu'ils aiment habiter à Bissen, qu'ils n'avaient pas de grandes difficultés de s'intégrer et que cette fête leur donne la possibilité de mettre le Luxembourg en relation avec leur pays originaire. En effet, en venant au Luxembourg, ils ont apporté le souvenir de leur propre culture dans leur bagage et le 9 mai ils ont la possibilité de montrer ces souvenirs au public.



TerraBis

FOOD & CULTURE FROM AROUND THE WORLD



Stärkster Sonnensturm seit 20 Jahren

11. Mee 2024

Wou

Biissen

Polarlichter, aber auch mögliche Störungen von Strom- oder Funknetzen: Die Sonne schleudert massenhaft Teilchen ins All - die Auswirkungen könnten auf der Erde auch in der kommenden Nacht zu sehen und zu spüren sein. Auf der Erde ist nach Angaben einer US-Behörde der erste extreme Sonnensturm seit 2003 registriert worden. Das Weltraumwetterprognosezentrum der Wetter- und Ozeanografiebehörde der USA (NOAA) erklärte, der Sturm der höchsten Stufe fünf sei Freitagabend (Ortszeit) beobachtet worden und werde voraussichtlich über das Wochenende anhalten.

In Europa waren durch den Sonnensturm vielerorts beeindruckende Polarlichter zu sehen. Es wurde aber auch vor Störungen gewarnt: GPS, Stromnetze, Raumschiffe, Satellitennavigation und andere Technologien könnten beeinträchtigt werden, so die NOAA. Die Behörden informierten Betreiber von Satelliten und Stromnetzen sowie Fluggesellschaften, um Vorsichtsmaßnahmen für mögliche Störungen zu ergreifen.

Stärkster Sturm seit 2003

Die Polarlichter sind derzeit deutlich weiter südlich zu sehen als in den Regionen, in denen sie normalerweise beobachtet werden können. Auch in Online-Netzwerken teilten viele Nutzerinnen und Nutzer Bilder von Polarlichtern. Zuletzt war die als extrem eingestufte Sonnensturm-Kategorie nach NOAA-Angaben im Oktober 2003 erreicht worden. Damals gab es in Schweden Stromausfälle, in Südafrika wurden Transformatoren beschädigt.

Text: ARD / Foto: Loïc Brune



11. Mee 2024

Wou

Stad Lëtzebuerg

Organisatioun

Bi-Fit

Ausflug an d' Stad Lëtzebuerg



De Bi-Fit leet, nieft sengem sportlech ganz ambitiöse Programm, och vill Wäert op dat Soziaalt, op d'Zesummekommen. Dat gesäit een u villen Aktivitéite ronderëm d'Joer. An deem Sënn hat de Bi-Fit fir samschdes, den 11. Mee eng guidéiert Visite duerch d' Stad Lëtzebuerg organiséiert an all seng Memberen invitéiert.

De Rendez-vous war um 10 Auer op der Gare Pafendall, uewe beim Tram. Vun do aus ass den Tour mat eisem Guide, dem Marc Kiefer, lassgaang. Mir sinn iwwer déi nei Foussgänger- a Vëlosbréck bei de Mudam an d' Dräi Eechele gaang. Vun do aus hu mer e flotten, schiedege Wee duerch d'Natur erof an de Pafendall geholl. Iwwerall krute mer intressant Detailer aus eiser Geschicht erzielt, opgelackert duerch flott Anekdoten.

Aus dem Pafendall si mer mam Panoramalift erop an d' Stad gefuer. No engem klengen Tierche bis bei d'aalt Geriicht an de Palais war et dunn Zäit fir d'Mëttegiessen. Am beschtbekannte Restaurant "Beim Dierfgen" hu mer eis de Lëtzebuerg Kascht gutt schmaache gelooss. Natierlech huet de séffge Patt vun eiser Musel net gefeelt.

All déi, déi mat waren, hu sech beegesichert iwwer den Oflaf vun deem Dag gewisen. Souguer fir dat gutt Wieder hate mer gesuert, well et war ee waarmen a sonnegen Dag, an dat an engem soss ganz verreente Fréijoer.

Eis Härenekipp um Päischtweekend op Kössen

20. Mee 2023

Wou
Kössen (A)
Organisatioun
FC Atert Bissen

All zwee Joer fiert eis Härenekipp vum FC Atert Bissen de Päischtweekend op Kössen an Éisträich fir en engem internationalen Turnéier deelzehuelen. Begleet gi si vu sëllege Supporter, well et ass gewosst, datt een sech dee Weekend nawell gutt zu Kössen ameséiere kann. Op eng exzellent 7. Plaz vun insgesamt 17 an op de Präis fir de beschte Mann um Terrain konnte mir sonndes zefridden ustoussen.

Tous les deux ans, lors du week-end de Pentecôte, les vétérans du FC Atert Bissen se rendent à Kössen en Autriche pour participer à un tournoi international. Ils sont généralement accompagnés de nombreux supporters, car on sait qu'on peut passer un très bon moment à Kössen ce week-end-là. Cette année, les vétérans se sont classés 7ème sur un total de 17 équipes et ont reçu le prix du meilleur joueur sur le terrain.

Every two years our men's team from FC Atert Bissen travels to Kössen in Austria on the Whitsun weekend to take part in an international tournament. The team is always accompanied by many supporters, because it is known that you can spend a good time in Kössen that weekend. On Sunday, we were all satisfied and celebrated an excellent 7th place out of a total of 17 and the prize for the best man on the field.



24. - 27. Mee 2023

Wou
Frounert
Organisatioun
Gemeng Biissen

Biisser Kiermes

Et war Kiermes am Duerf...

Eng sëlleg Aktivitéite waren um Programm: Kiermesspiller, de Bis'Art vun der Kulturkommissioun, den Hämmelsmarsch vun eiser Biisser Musek, d'Kiermesbar & BBQ vun der FC Atert Jugend.

Um Kiermesméindeg ass dann och nach de Maart op, an eis Jugend vum Fussbal zerwéiert d'Kiermesham am Frounert.

Sonndes war d'Éierung vum FC Atert, deen direkt dräi sportlech Leeschtunge vollbruecht huet.



26. Mee 2024

Wou
Frounert
Organisatioun
Gemeng Biissen

FC Atert Bissen – dräimol Champion!

D'Gemeng Biissen huet de Veräin fir seng dräi Championstitele gëeiert. Dat Ganzt ënner der Begleedung vun der Biisser Musek.

1. Den FC Atert Bissen ass Champion 2023/2024 vun der 1. Divisioun (1. Bezirk)
2. Orange eLeague Champion: Den Ivanilson huet Geschicht geschriwwen: eng 3. Kéier hannerteneen huet en d'Orange eLeague gewonnen an sech domat fir d'eChampions League qualifizéiert.
3. D'zweet Equipe vum FC Atert Bissen huet de Champion gestallt an der 2. Klass!



Bis'Art 2024

Zënter 2004 organiséiert d'Biisser Kulturkommissioun all Joer um Kiermesweekend hir Konschtausstellung Bis'Art. Och dëst Joer, bei Bis'Art 2024, hate vill Leit de Wee an de Centre Wonerbatti fonnt, fir sech d'Ausstellung unzekucken. Si konnten sech iwwerzeege vun der Qualitéit vun de Wierker, déi vun de lokalen a regionale Kënschtlerinnen a Kënschtler hei presentéiert goufen. Bis'Art huet säin Numm als Ausstellung vun héichwäertege Konschtwierker nees eng Kéier bewisen.

D'Thema war dëst Joer schwéier: Black & White, schwaarz a wäiss, eigentlech zwou « Net – Faarwen ». Dëst war eng grouss Erausfuerderung, well an der Konscht gëtt jo ganz vill geschafft mat der immenser Villfalt vum Faarwespektrum. Bei Bis'Art waren awer dëst Joer keng Faarwen erlaabt, nëmme schwaarz an déi verschidden Nuancë vu Grotéin bis hin zu wäiss.

De President vun der Kulturkommissioun Georges Lucius ass a senger Usprooch beim Vernissage op dës Problematik agaangen. Schwaarz a wäiss si Géigesätz wéi Liicht a Schiet, Gutt a Béis, Freed an Trauer. Si sti fir d'Dualitéit vum Liewen an d'Komplexitéit vum mënschlechen Zesummeliewen. Si sinn awer méi wéi Géigesätz. An hirer Rengheet an Einfachheet stécht eng enorm Ausdröckskraaft.

D'Kënschtlerinnen an d'Kënschtler hunn sech dëser Erausfuerderung gestallt. Si weisen déi grouss Villfalt vun der kënschtlecher Gestaltung bei der Reduktioun op dat Weesentlecht, an dësem Fall op schwaarz a wäiss a soss näischt. Hir Tableauen, Fotografien a Skulpture lueden an zum Nodenken, zum Dreemen an zum Erliewe vun Emotiounen.

De Georges Lucius huet d'Leit agelueden, sech mat de Kënschtlerinnen a Kënschtler ze ënnerhalen iwwer d'Iwwerleeungen an d'Hannergrënn, op deenen hir Wierker opbauen. Ofschlëssend huet hien alle Leit Merci gesot, déi zum Gelänge vun dem Bis'Art 2024 bäigedroen hunn an hien huet den Datum vun dem nächste Bis'Art ugekënnegt. Bis'Art 2025 ass vum 13. bis de 16. Juni 2025, also traditionell um Kiermesweekend de Sonndeg no Päischten.



24. - 27. Mee 2024

Wou

Wonerbatti

Organisatioun

Kulturkommissioun

Depuis 2004, la Commission de la Culture de la Commune de Bissen a organisé chaque année, lors du weekend de la kermesse locale, son exposition d'œuvres d'art Bis'Art. Également cette année-ci, un public nombreux s'est retrouvé au Centre Wonerbatti pour regarder l'exposition et pour admirer la qualité des œuvres y exposées par les artistes locaux et régionaux. Bis'Art a confirmé une nouvelle fois sa réputation d'une exposition d'œuvres d'art d'un très haut niveau.

Le sujet était difficile : Black & White, noir et blanc, soit en fait deux « non-couleurs ». Ceci était un grand défi, parce qu'en matière d'art, on travaille beaucoup avec l'immense diversité de la palette des couleurs. Or, pour Bis'Art 2024, les couleurs n'étaient pas admises. Le sujet était limité au noir et aux différentes nuances du gris jusqu'au blanc.

Dans son allocution lors du vernissage, le président de la Commission de la Culture Georges Lucius est entré dans cette problématique. Le noir et le blanc sont des

opposés comme la lumière et l'ombre, le bien et le mal, la joie et le chagrin. Ils représentent la dualité et la complexité de la coexistence humaine. Mais ils sont plus que des opposés. Leur pureté et leur simplicité contiennent une expressivité énorme.

Les artistes ont accepté ce défi. Ils ont montré la grande diversité de la création artistique réduite à l'essentiel, dans notre cas le noir et le blanc. Leurs tableaux, photographies et sculptures ont invité à réfléchir, à rêver et à vivre des émotions.

Georges Lucius a incité les visiteurs à s'entretenir avec les artistes pour découvrir les réflexions et les arrières-plans sur lesquels ils ont construit leurs œuvres. Finalement, il a remercié toutes les personnes qui ont collaboré afin que Bis'Art 2024 devienne une réussite et il a annoncé la date de la prochaine exposition. Bis'Art 2025 aura lieu du 14 au 16 juin 2025, soit de nouveau pendant le weekend de la kermesse locale comme le veut la tradition, soit le weekend après la Pentecôte.

Fotoen: Jeannot Ley



Coupe Scolaire



Eng 40 Schüler aus dem Cycle 4 hunn dëst Joer un der Coupe Scolaire deelgeholl. Den theoretischen Deel haten d'Schüler mat hiren Enseignanten an der Schoul gemaach. Elo waren si prett fir mam Vélo op d'Strooss. De prakteschen Deel, organiséiert vum Eltereveräin, besteet aus engem Geschéckleckeets-Parcours virum Gemengenatelier an engem uschlëssenden Tour duerch Biissen. Ganz vill Fräiwëlleger hunn op de verschiddene Kontrollpunkten uechter d'Duerf gehollef, Punkten ze verdeelen. Déi 3 beschte Schüler konnten sech iwwert en décke Kaddosbong freeën, all déi aner kruten en Troustpräs. A virun allem sinn si lo allequerte fit fir mam Vélo op der Strooss ze fueren!

8. Juni 2024

Wou

Biissen

Organisatioun

Eltereveräin Biissen

Mammefest an der Crèche Margréitchen

D'Kanner an d'Personal vun der Crèche Margréitchen hunn hir Mamm ganz häerzlech op hiert éischt Mammefest agelueden. Am Kader vum Mammendag hunn d'Kanner hirer Mamm Merci gesot fir hir Zäit, hir Energie, hir léif Wieder, hir Kussen an Émaarmungen, hir Fäegkeet 10 Saache beieneen ze maachen, hir Gedold, hiert Versteesdemech, fir de ganzen Dag Mamm ze sinn.

Et war e gelungenen Nomëtteg fir Grouss a Kleng.



11. Juni 2024

Wou

Crèche Margréitchen

Organisatioun

Crèche Margréitchen

Bis'Scène 2024 – op 2 Deeg!

14. - 15. Juni 2024

Wou

Frounert

Organisatioun

Gemeng Biissen

Am Kader vun der Fête de la Musique huet d'Gemeng Biissen mat senger Eventkommissioun déi 5. Editioun vum Bis'Scène organiséiert.

Dëst Joer hu virun allem lokal Musikgruppen, déi iwwer zwee Deeg fräi Bün zu Biissen am Frounert haten, fir gutt Stëmmung gesuergt:

Freides:

Olivio Pagliarini Jazz Trio, MarsApproche Band

Samschdes:

Faye and the Mockingbirds, Cosmic Jerk, Next Deed, GaasseRock- BluesBand

Ouni lessen a Gedréns geet näischt. Hei war eng Cocktailbar, et gouf Gegrilltes vum Cercle Dramatique, Gaufres vum Tropical Dancing an d'Gedréns gouf zerwéiert vum FC Atert Biissen.



Ried vum Buergermeeschter um Virowend vum Nationalfeierdag

Als Optakt vu senger Ried op der offizieller Feier um Virowend vum dem Nationalfeierdag, erënnert de Buergermeeschter David Viaggi un d'Feierlechkeete fir d'honnertjäreg Onofhängegkeet vun eisem Land am Joer 1939. Deemools hunn all Lëtzebuurger sech fräi an offen derzou bekannt, dass mir wëlle bleiwe wat mir sinn. Et war e Beweis vun Eenegkeet an Zefriddenheet virun de Geforen, déi sech ugekënnegt hunn. Scho manner wéi e Joer méi spéit, den 10. Mee 1940, gouf eis Onofhängegkeet brutal zerstéiert. Eis Heemecht war schonn dacks virdu schwéiere Geforen ausgesat, mee keng war sou grujeleg an erniddregend wéi dat, wat d'Lëtzebuurger während dem zweete Weltkrich erlidden hunn.

Mir erënneren eis op eisem Nationalfeierdag un d'Vergaangenheet, mee mir wëllen och un d'Zukunft denken a mir stellen eis den Erausforderungen, déi eis haut erwaarden an déi op déi nächst Generatioun zoukommen. Mir liewen an engem sozial stabillen Ëmfeld, mee mir gesinn de Rietsruck, deen sech an Europa breetmécht. Dobäi ass d'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger an eis Gesellschaft en Deel vun eiser Identitéit, souwuel op nationalem, wéi op kommunalem Plang.

Uschléissend riicht den David Viaggi e puer Wieder a franséischer Sprooch un eis auslännesch Matbierger. Si liewen a schaffen zu Lëtzebuerg a si identifizéieren sech mat eiser Heemecht. Eist Land ass en Zesummespill vun alle Leit, déi hei wunnen a schaffen, mat hire Qualitéiten, hiren Dreem an hiren Hoffnungen. Mir all, mir si Lëtzebuerg, onofhängeg vun eiser Philosophie, vun eiser Kultur a vun eisen Originen.



Le bourgmestre David Viaggi a commencé son discours lors de la fête officielle la veille de la Fête Nationale, avec un rappel des festivités pour le centenaire de l'indépendance de notre pays en 1939. Tous les Luxembourgeois s'étaient prononcés alors d'une façon sans équivoque pour leur liberté et leur indépendance. C'était un acte d'unité et de bonheur face aux dangers qui s'annonçaient. Moins d'une année plus tard, le 10 mai 1940, notre indépendance fut brutalement détruite. Déjà dans le passé, notre patrie était déjà souvent confrontée à de graves dangers, mais, jamais la situation n'était si féroce et humiliante que ce que les Luxembourgeois devaient endurer pendant la deuxième guerre mondiale.

Lors de la Fête Nationale, nous nous souvenons du passé, mais nous pensons également à l'avenir et aux défis qui se présenteront à nous-mêmes et aux générations futures. Nous vivons dans un environnement social stable, mais nous remarquons la progression de l'extrême droite en Europe. Or, l'intégration des concitoyens étrangers dans notre société fait partie intégrante de notre identité, aussi bien au niveau national qu'au niveau communal.

David Viaggi s'est alors adressé en langue française à nos concitoyens étrangers. Ils vivent et travaillent au Luxembourg et ils s'identifient à notre patrie. Notre pays, c'est l'interaction de toutes les personnes qui y vivent et travaillent, avec leurs qualités, leurs rêves et leurs espoirs. Tous ensemble, nous sommes le Luxembourg, ceci indépendamment de nos philosophies, de nos cultures et de nos origines.


22. Juni 2024

Wou

Frounert

Organisatioun

Gemeng Biissen



Eis Gemeng entwéckelt sech an huet an de leschte Jore vill Changementer erlieft. Den Engagement vun alle Matbierger huet et erlaabt, dass eis Ekonomie sech entwéckelt, eis Infrastrukturen sech dauernd verbessern an eist Zesummeliewen en Erfolleg ass. Dëst ass d'Wierk vun eis all, vun den Entreprises, vun de Schoulen a besonnesch vun de Familljen, déi d'Häerz vun eiser Communautéit sinn. Op haut zielt eis Gemeng 3509 Awunner. Dovun hunn der 2309 d'lëtzebuergesch Nationalitéit, 612 hunn d'portugisesch Nationalitéit, 96 déi franséisch a 74 déi belsch Nationalitéit. Insgesamt wunne Leit vun 59 verschiddene Nationalitéiten zesummen an eiser Gemeng.

Uschléissend gëtt den David Viaggi Informatiounen zu de verschiddene Chantieren, déi fir de Moment an der Gemeng amgaange sinn. D'Moderniséierung vun de Strukturen ass wichteg fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner ze garantéieren, souwuel fir déi jëtzeg, wéi fir déi kommend Generatiounen. Eisen Alldag gëtt fir de Moment behënnert duerch déi vill Chantieren an Deviatounen. Mat dësen Aarbechte kréie mir awer fir déi nächst Joerzëngte modern Reseauen, wat d'Gestioun vun den Ofwaasser betrëfft, d'Waasserversuergung, e modernt Stroumnetz an eng performant Telekommunikatioun. D'Sécherheet vun den Trottoire gëtt mat enger gudder Beliichtung verbessert. Mir kréie modern Busarrëten an et gëtt Verkéiersberouegungen an de verschiddene Quartiere vun der Gemeng.

An e puer Woche kritt d'Rouschter Strooss den definitive Belag an déi néideg Marquagen. Domat ass dëse grouse Chantier tëscht der Schoul an dem Rond-Point bei der Entrée an d'Industriezon ofgeschloss. Am September gëtt déi nei Zoufaartsstrooss am Seif fäerdeg, sou dass d'Betribber, déi sech do entwéckele wäerten, en eegenen Accès hunn. Mat der neier Strooss gëtt et och eng Verbindung fir déi douce Mobilitéit tëscht dem Site vun der Luxlait an der Cité um Steekräiz. De Chantier vun dem neie Gemengenatelier an der ZAC Klengbousbiereg huet ugefaangen an d'Aarbechte gi gutt virun. Bei dem Projet Biisser Schoul goufen d'Uschlëss gemaach. Den neien Agangsberäich bei der Unterführung ass am Réibau an d'Aarbechten um Daach fänken am September un. D'Neigestaltung vun Schoulhaff gouf zesumme mat de Schoulkanner ausgeschafft a gëtt dem Gemengerot an e puer Wochen zur Ofstëmmung virgeluecht.

Notre Commune est en plein développement et nous avons vécu beaucoup de changements pendant les dernières années. Grâce à la collaboration de tous les habitants, notre développement économique est florissant, nos infrastructures s'améliorent continuellement et notre vivre ensemble connaît un vrai succès. Ceci est le fruit d'un engagement collectif, des entreprises, des écoles et surtout des familles qui sont le cœur de notre communauté. Actuellement 3509 personnes habitent dans notre commune. 2309 habitants ont la nationalité luxembourgeoise, 612 ont la nationalité portugaise, 96 la nationalité française et 74 la nationalité belge. En tout, les ressortissants de 59 nationalités différentes vivent ensemble chez nous

Ensuite, David Viaggi a communiqué des informations concernant les différents chantiers qui sont en cours sur le territoire de la Commune. La modernisation des infrastructures est importante pour garantir la qualité de vie des habitants maintenant et pour les générations futures. Notre quotidien est sensiblement gêné par les nombreux chantiers et les déviations. Toutefois, grâce à ces travaux, nous aurons des infrastructures modernes pour les prochaines décennies en ce qui concerne la gestion des eaux usées, l'approvisionnement en eau potable, le réseau d'électricité et une télécommunication performante. La sécurité des trottoirs sera améliorée par un éclairage adéquat. Nous aurons des arrêts d'autobus modernes et des apaisements de la circulation dans les quartiers.

Dans quelques semaines, la route de Roost aura son tapis définitif avec marquage, ce qui clôturera ce long chantier entre l'école et le rond-point près de l'entrée dans la zone industrielle. En septembre, la route d'accès au site dit « am Seif » sera terminée, donnant un accès particulier aux entreprises qui s'y développeront. La nouvelle route créera aussi un accès à la mobilité douce sur le tronçon entre le site de l'entreprise Luxlait et la cité Steekräiz. En ce qui concerne le projet de l'extension de l'école primaire, les raccordements viennent d'être réalisés. Les gros œuvres de l'aire d'entrée près du passage souterrain sont prêts et les travaux de rehaussement de la toiture commenceront en septembre. Le projet de réaménagement de la cour scolaire a été élaboré ensemble avec les enfants de l'école et sera soumis au vote du Conseil Communal dans les prochaines semaines.

Bei de ville Projeten, déi bei der Gemeng lafen, ass d'Problematik vun der Grand-rue e wichtege Aspekt. Et geet heibäi ëm de Kräizungsberäich mat der Béiswenerstrooss, ee méi breeden Agangsberäich an d'Grand-rue, Tempo 30 am Duerf an eng komplett Erneuerung vun de Reseauen. Dat gëtt nees eng schwiireg Zäit. Et ass wuel méi angeneem, schéi Gebaier ze bauen, mee d'Politik muss och de Courage hunn, Projeten unzegoen, déi an der Vergaangenheet vläicht ze kuerz koumen, déi awer batter néideg sinn, fir de Fonctionnement vu vitale Beräicher ze garantéieren. Ze laang ass den Duerfkär net moderniséiert ginn. Eng Gemeng duerf net stoe bleiwen. Si muss mat der Zäit Schrëtt halen. Dat war, ass a bleift och déi nächst Joren de Wëlle vum Schäfferot.

Ofschléissend wëncht de Buergermeeschter David Viaggi e schéint Volleksfest um Virowend vun eisem Nationalfeierdag a seet de Leit an de Veräiner Merci fir hir Präsenz. E spezielle Merci geet un all déi Leit, déi um Programm matgewierkt hunn, d'Mataarbechter vun der Gemeng, d'Musek, d'Chorale, de Kannergesank an d'Veterane vum FC Atert. Hie schléisst seng Ried mat dem traditionellen Hommage un de Grand-Duc an un d'Groussherzoglech Famill a mat dem VIVE op eist Land.

Un élément important parmi les nombreux projets en cours, sont les problèmes dans la Grand-rue. Il s'agit notamment du carrefour avec la rue de Boevange, d'une entrée élargie dans la Grand-rue, de la limitation de vitesse à 30 km/h dans la localité et du renouvellement complet des infrastructures. Ceci créera de nouveau une période difficile avec beaucoup d'entraves. S'il est certainement plus agréable de construire de beaux bâtiments, la politique doit toutefois faire preuve de courage et attaquer des projets qui ont éventuellement été négligés dans le passé, mais qui sont nécessaires pour garantir le fonctionnement des domaines vitaux. Trop longtemps, on a omis de moderniser le centre de la localité. Une Commune ne peut pas s'arrêter. Elle doit suivre l'évolution et assurer le progrès. Cet objectif a été, est toujours et restera pendant les prochaines années l'objectif du Conseil échevinal.

Pour terminer, le bourgmestre David Viaggi souhaite une belle fête populaire à la veille de la Fête Nationale. Il remercie les habitants et les associations de leur présence et adresse un merci tout particulier à celles et ceux qui ont collaboré à la réalisation de cette fête, soit le personnel de l'administration communale, la Fanfare, la Chorale, la Chorale des enfants et les vétérans du FC Atert. Finalement il prononce les hommages traditionnels au Grand-Duc et à la Famille Grand-Ducale ainsi que le VIVE sur notre pays.



Virowend vum Nationalfeierdag

Et ass ewell Traditioun zu Bissen. Nom grouse Cortège, zesumme mat der Bisser Fanfare, dem Te Deum an der Kierch, ass no der Ried vum Buergermeeschter David Viaggi e grousst Volleksfest am Frounert gefeiert ginn. Fir gutt Stëmmung huet d'Coverband "ANIMATO" an den Dj Bob St. Trop gesuergt.



LALUX Bis'Trail 2024

2022 gouf et déi éischt Editioun vum Bis'Trail, eng Trail-Course duerch d'Biisser Natur. Saitdeem ass de Bis'Trail e feste Bestanddeel vum Aktivitétkalenner vun eiser Gemeng.

Fir dës drëtt Editioun huet LALUX Assurances de Groupe Kartheiser als Haaptsponsor ofgeléist an aus dem Bis'Trail gouf de LALUX Bis'Trail.

Dat neit Partenariat huet neie Wand an dësen Event bruecht a mir konnten d'Zuel vun den Aschreiwungen, duerch eng verbessert Kommunikatioun, vun 2023 op 2024 méi ewéi verduebelen.

Een Objektif vum Bis'Trail ass och d'Gemeng Biisser ervirzehiewen an d'Schénheet vun der Natur no baussen ze weisen.

28. Juni 2024

Wou

Complexe Sportif Bissen & Biisser Natur

Organisatioun

Dëschtennis Bissen, Tennisclub Bissen,
Jugendhaus a Stenges, Gemeng Bissen,
ID - Communication

De Fuuss aus eisem Biisser Bësch gouf dofir prominent op den Affichen duergestallt. Et war eng flott Editioun mat Sport, Spill a Spaass fir Grouss a Kleng!



Kuckt hei de Best-of Video



Een Dag am Bësch mat uschléissendem Summerfest

11.Juli 2024

Wou

Bësch & Crèche Margréitchen

Organisatioun

Crèche Margréitchen



Nodeems d'Kanner an d'Personal ee ganzen Dag am Bësch verbruecht hunn, goufen d'Elteren uschléissend op eist järelecht Summerfest invitéiert. D'Wieder huet matgespillt a sou konnt jidderee vun der Sonn a vun eisem Grill mam Zalotebuffet profitéieren.

Et wor ee flotten Ofschloss vum Joer a soumat ee sonnegen Start an de Summer.

Summerfest um Wobierg

11.Juli 2024

Wou

Wobierg

Organisatioun

Crèche Beim Musekshaus

Mir hunn dëst Joer eist éischt Summerfest organiséiert. D'Elteren, d'Kanner an d'Educatricen an d'Educatoure sinn zesumme komm, fir zesummen ze feieren. Et war gutt Wieder an déi ganz Famill konnt um Wobierg vun der Sonn, ewéi och vum leckeren lessen a Gedrénks profitéieren. D'Summerfest war eng flott Geleeënheet, fir sech nach besser kennen ze léieren an eng flott Zäit zesummen ze verbréngen. Mir freeën eis schon op eist nächst Summerfest an hoffen, datt och d'nächst Joer erëm sou vill Eltere kommen.



Ofschlossfest vum Bi-Fit

13. Juli 2024

Wou

Sportshal

Organisatioun

Bi-Fit asbl



Den 13. Juli huet de Bi-Fit den Ofschloss vun der Saison 2023/2024 gefeiert. Sämtlech Membere goufen invitéiert fir deen Dag derbäizesinn. Am Ganze waren ëm déi 40 Leit ugemellt. Fir d'éischt gouf de Cours vum Fatburner, wéi üblech op engem Samschdegmoien, ugebueden.

Well et dat lescht Joer op eisem Ofschlossfest esou schrecklech waarm war, hate mer eis dëst Joer anescht decidéiert an de Sport war an der grousser

Hal, net méi dobaussen um syntetischen Terrain. Dëst Joer wier d'Hëtzt zwar ze erdroe gewiescht, mä vun der Gruppendynamik war et scho besser dobannen.

Dono hu mer den Apéro ugebueden, an e puer léif Männer hu gegrillt, fir datt jiddereen den Honger stëlle konnt. Dobäi gouf gutt geschnësst an all déi, déi komm waren, sinn no enger Zäitche gutt gelaunt heemgaang.

Saison 2023/2024

Organisatioun

Jugendensambel vun der Biisser Musek

De Jugendorchester sicht nei Talenter!

An der Saison 2023-2024 ass de Jugendensambel vun der Biisser Musek nees opliewe gelooss ginn. An dësem spillen aktuell 15 Kanner an Jugendlecher ënnert der Direktioun vum Julie Ries. Jiddereen, deen op d'mannst 1 Joer am Cours op engem Blossinstrument oder an der Percussioun an der Musikschool ageschriwwen ass, ass häerzlech wëllkomm. Och déi Leit, déi als Erwuessenen een Instrument léieren, kënnen am Jugendensambel matspillen. D'Musek stellt de Schüler een Instrument zur Verfügung. D'Prouwe sinn all Dënschden vun 19:00 - 19:50 am Proufsall vun der Biisser Musek am Musekshaus. Dës Saison huet de Jugendorchester Concerten op der Generalversammlung, der Auditioun vum Conservatoire du Nord, dem Gala-Concert, an der Bléi an um Schouffest vun der Biisser Schoul gespillt. Donieft huelen si och deel un den Aktivitéite vum Verain, wéi ënner anerem dem Hämmlsmarsch, dem Ouschtermarsch an dem 1.Mee.



Interesséiert? Kontaktéiert eis per E-Mail op jugend@fanfarebissen.lu oder president@fanfarebissen.lu.

Fotoen: Jeannot Ley



Vum Ouschtermarsch bis zum Duerfconcert

Saison 2023 / 2024

Organisatioun
Fanfare Bissen

De Gala Concert am Mäerz ass wuel déi gréissten, mee bei wäitem net déi eenzeg Aktivitéit vun der Biisser Musek am Joreskrees. Am Ufank vum Fréijoer, op Ouschterméideg, steet den Ouschtermarsch, an der Musek och nach den Eeërmarsch genannt, um Programm. Vu moies néng Auer u sinn d'Musikantinnen an d'Musikanten an zwou Gruppen duerch d'Stroosse vum Duerf gezunn, fir de Leit mat dem Eeërmarsch Ouschterfrees ze bréngen. Dëst Joer war Ouschterméideg schonn den éischten Abrëll a vu Fréijoer keng Spuer. Zum Optakt vum Marsch huet et eng Stonn zimmlech staark gereent, awer dunn huet d'Wieder sech berouegt an et blouf méi oder wéineger dréchen. Nom Eeërmarsch gouf virum Musekssall gegrillt an den Dag ass geselleg ausklénge gelooss ginn. Bei dem Ouschtermarsch waren och d'Schülerinnen an d'Schüler vun der Jugendmusek derbäi. Si hunn hei hir éischt Erfarunge gemaach am Zesummespille mat der ganzer Musek.



Fotoen: Jeannot Ley

Als nächst ass den éischte Mee de Meekranz gebonne ginn. Dëst ass eng Sortie fir d'ganz Famill. Moies fréi si Jonk an Al op de Maart um Wobierg gefuer an hunn do am Bësch Straiss mat jonke Blieder gesammelt, fir de Meekranz. Et musse Straiss vu Routbuchen a net vun Houbuche sinn, well bei Houbuchen gëtt d'Laf ze séier wieleg. D'Kränz goufe virum Musekssall gebonnen a bei den zwee Caféen am Duerf opgehaangen. Duerno war jiddereen hongreg an et ass nees beim Musekssall gegrillt ginn. De Meekranz ass all Joer e flott gesellegt Zesummesinn.

Als drëtt vun de järeleche Sortien am Duerf war et den Hämmelmarsch virun der Kiermes. Schonn um Freideg, dem 24. Mee ass et lass gaangen. Vu 14.00 Auer u gouf den Hämmelmarsch an der Industriezon an op den Häff ronderëm d'Duerf gespilt. Hei waren haaptsächlech d'Seniore vun der Musek gefuerdert, well et war Schoul fir déi Jonk an déi aner hu misse schaffe goen. Um Samschdeg, dem 25. Mee ass dunn ab 9.30 Auer den Hämmelmarsch an zwou Gruppen duerch sämtlech Stroosse vum Duerf gespilt ginn. D'Musek huet mat dësem traditionelle folkloristesche Marsch d'Leit op d'Kiermes agestëmmt. Den Hämmelmarsch huet bis spéit an den Nomëtteg gedauert. Duerno gouf beim Musekssall e Maufel giess an den Dag ass geselleg ausklénge gelooss ginn. Och beim Hämmelmarsch waren d'Schülerinnen an d'Schüler aus der Jugendmusek derbäi.

Den Eeërmarsch an den Hämmelmarsch si wichteg Akommesquelle fir d'Musek. Duerfir gëtt hei, nieft de Leit um Instrument, vill Hëllef gebraucht, fir mat de Keesen ophiewen ze goen. « D'Keesen », wéi si genannt ginn, musse vill Träpen erop an erof goen a virun allem si wëssen owes, wat si gemaach hunn.

D'Musek huet awer och weider all Woch geprouft an huet Concerte gespilt. Zu Noumer war d'Biisser Musek um Télévie derbäi. Si huet de 25. Juni e Concert zu Miedernach gespilt, den 30. Juni e Concert beim MS-Daycenter um Bill, de 7. Juli e Concert bei der Mierscher Musek an den 9. Juli hiren Duerfconcert, dëst Joer op der Terrass vum Altersheim an der Bléi. D'Musek war och am Duerfliewen aktiv. De 26. Mee war si derbäi, wéi de Fousball geëiert gouf fir hiren Opstig an d'Éierepromotioun. Si huet op Härlichendag an der Kierch gespilt a si war, wéi all Joer, bei de Feierlechkeeten um Virowend vum Nationalfeierdag den 22. Juni derbäi. D'Jugendmusek ass nach den 12. Juli beim Schouffest opgetrueden. Den Ofschloss vun dëser gutt gefëllter Saison war en Ausflug mat Owesiesen an de Mëllerdall den 13. Juli.



Ausflug vun der Biisser Musek an de Mëllerdall

« Warum in die Ferne schweifen wenn das Gute liegt so nah »

Dat hu mer eis dëst Joer och an der Biisser Musek geduecht, wéi mer eise Saisonsofschloss geplangt hunn. Jiddere vum eis kennt de schéine Mëllerdall an d'Lëtzebuurger Schwäiz, an awer gëtt et nach viles, wat een net kennt.

E Samschdeg den 13. Juli 2024 sinn esou 34 Leit vun der Biisser Musek, vu 6 bis 89 Joer, mam Bus opgebrach, fir de Mëllerdall nei ze entdecken. Eis Rees huet eis d'éischt op lechternach gefouert, wou mer eis Guidin vum ONR, d'Chantal Frising, empfaang hunn. Hatt huet eis fachkënneg iwwert d'Entwécklungsgeschicht vum Mëllerdall informéiert an eis e puer besonnesch Fielsformatiounen gewisen, mat Erklärungen, wou déi deels speziell Nimm hierkommen. No enger Busfaart duerch déi enk, verwonschen Däller si mer beim bekannte « Schiessentümpel » ukomm, wou mer d'Bréck konnte bestaunen, déi de Steemetzer Jean-Pierre Prommenschenkel vu Crëschtnech aus de Reschter vun enger aler Buerg gebaut huet.

No enger décker Stonn si mer bei der Buerg vu Beefort ukomm. Mir hunn déi ganz Buerggruun besicht a krute vu Folterkeller bis Herrschaftszëmmer

alles gewisen an erkläert. Duerno konnte mer nach dat bekannteste Produkt aus der Buerg, de Beeforter Cassislikör, schmaachen.

Eis Rees huet eis duerno weidergefouert op Bur, wou aus regionalen Äppel den eenzege Lëtzebuurger Cidre gemaach gëtt, de Ramborn. Mir kruten d'Entstehungsgeschicht gewisen an erkläert, wat sech nach alles hannert dem Numm Ramborn verstoppt. Sou si mer och gewuer ginn, dass de bekannte Fernsehsheld aus den 80er Joren, de John Rambo, säin Numm dësem gudden Apel verdankt. Och dës Visite huet opgehale mat enger klenger Degustatioun vum Cidre a Perry an anere gudde Saachen, déi se zu Bur aus eisen Äppel produzéieren.

Mer hunn den Owend um Schiedgen am Restaurant « Daisy » bei engem gudden lessen ausklänge gelooss a sinn du rëm zréck op Bissen gefuer.

Foto: Sophie Schummer-Fournel / Texte: Claude Schummer



13. Juli 2024

Wou

Mëllerdall

Organisatioun

Fanfare Bissen

Biisser Floumaart

4. August 2024

Wou

Biissen

Organisatioun

FC Atert Bissen



Den éischte Sonndeg am August haten eng Partie Händler nees de Wee op de Biisser Floumaart fonnt. Eng sëllege Leit konnten hei den Dag iwwer déi eng oder aner gutt Affär maachen. Géint den Honger an den Dusch haten d'Member vum Cercle Dramatique Bissen virgesuergt. Déi nächst Floumäart 2025 sinn de 27. Abrëll an den 3. August.

Le premier dimanche du mois d'août, de nombreux commerçants se sont rendus au traditionnel marché aux puces de Bissen. Certains ont pu y faire de bonnes affaires. Les membres du Cercle Dramatique se sont chargés de la logistique et de proposer le nécessaire pour pouvoir se restaurer ou boire un verre. Les prochaines brocantes auront lieu le 27 avril et le 3 août 2025.

On the first Sunday in August, several traders found their way to Bissen at the flea market. Some lucky people could do one or the other good business here during the day. The members of the Cercle Dramatique provided snacks and drinks against hunger and thirst. The next flea markets in 2025 are on April 27th and August 3rd.

Eng gutt gefüllten 2. Saison geet op en Enn!

D’Nuit du Sport war fir de KKB alt nees ee grouse Succès an eis Mauer war gutt besicht, well een dës Sportart nu mol eeben net iwwerall kann testen!

Duerch eis Interclub-Aktivitéite probéiere mir Frëndschaften tëscht de Klëmmer aus de verschidde Klammklibb aus dem Land opzebauen. Sou waren d’Kanner an och déi Erwuessen aus dem Klub vun Nidderaanwen bei eis op Besuch a konnten sech, a gemëscht Seelschaften, ënnerteneen austauschen. Am Oktober däerfe mir dann d’Klammmauer vum KKN entdecken.

Highlight vun der Saison war awer onni Zweifel d’Sortie an de Fiels op Audun-le-Tiche! Den Tom an den Ingmar vun HighFive hunn eis eng kuerz Introduktioun gemaach an du konnten déi Erwuesse vun der Escalade libre sech am Fiels defouléieren.

Fest steet: Fiels ≠ Klammmauer!

Fir d’Saison ofzeschléissen, huet de KKB all seng Membere mat hire Famillen op de grouse Family-Day invitéiert. Hei si verschidden Ateliere ronderëm d’Klamm ugebuede ginn: Speed-Climbing, Kniert maachen, géinteneen d’Boulderwand erop klammen an d’Eltère konnten hir Kanner sécheren. Bei engem gemittleche Barbecue ass den Nomëtteg ausklänge gelooss ginn.

Ee klenge Gaascht-Optritt hat de KKB zu Waarken op der traditioneller Kiermes. Hei ware mir gefrot gi fir d’Participante vum „Cageot-Stapelen“ ze sécheren. Bei 36 Cageote war Schluss!

De KKB ass net nëmmen un der Klammmauer zu Biissen, mee a villen anere Beräicher een aktive Klub!



Saison 2023/24

Organisatioun
Klammklub Biissen

Schouljoer 2023/24

Wou
Biisser Schoul
Organisatioun
Grondschoul Cycle 3.2.

Die verrückte Suche nach den verlorenen Früchten



Ënnert dem Motto „Projet: Erstell deng eege Geschicht fir e gudden Zweck“ huet de Cycle 3.2 d’Méiglechkeet gehat, fir selwer e Buch z’erstellen. Vum éischen Entworf vun der Geschicht, iwwert d’Redaktioun vun den Texter bis hin zu der Gestaltung vun de Biller, war de Kanner hir Kreativitéit gefuerdert, fir schlussendlech ee flott Bichelchen an de Verkaf ze bréngen. D’Kanner konnte selwer decidéieren, u wien den Erléis vun dëser flotter Aktioun sollt goen. Am Ganzen hunn d’Kanner stolzer 1.500 € gesammelt. Bravo!

750 € ginn un d’Fondatioun „Een Häerz fir kribbskrank Kanner“ a 750 € ginn un d’Lëtzebuerges Déiereschutzliga.

Mir soen dem Sara Cardoso vun EducDesign ee grouse Merci fir seng wäertvoll Ënnerstëtzung bei dësem Projet.

Cycle 3.2.

Jil Dethier, Christiane Losch, Thierry Maertz, Chantal Wammer



Liest hei d’Geschicht

Projet intergénérationnel CPG Päiperléck

Dëst Schouljoer hu 6 Kanner aus dem C1 sech dierfen all Mount mat eise Bomien a Bopie vum CPG Päiperléck gesinn.

Mir hunn all Kéier zesumme giess, an duerno dann eisen Nomëtteg matenee verbruecht.



Fir d'Chrëschtzäit hu mer Lidder gesongen an eng vun eise Bomien huet souguer um Instrument begleet.



De Januar hu mer relax gestart mat Kichelcher baken a Gesellschaftsspiller.



Fir d'Fueszäit hunn di obligatoresch Fueskichelcher net gefeelt. Nom beschte Rezept vun der Welt gebak hu si eis richtig gutt geschmaacht.



Mir hunn eis op d'Olympesch Spiller preparéiert. A fir eist Joer ofzeschlëssen, hu mir nach gutt gefeiert.

Schouljoer 2023/24

Organisatioun

Maison Relais un der Atert & Päiperléck



Zesummenaarbecht mat aner Strukturen

Sportsaktivitéiten sinn essenziell fir d'Entwécklung an d'Gesondheet vu kleng Kanner. Nieft den Aktivitéiten, déi mir bei eis am Haus an eisem Bewegungsraum virbereeden an ubidden, bidde mir och nach zousätzlech Aktivitéiten op aner Plazen un. Mir ginn all Mount hei an d'Maison Relais op den Airtramp. D'Kanner freeën sech ëmmer fir dohin an hu vill Spaass. An Zesummenaarbecht mat eise Sportskoordinatore si mir viru puer Wochen op ee Sports-Moien invitéiert ginn. D'Kanner sinn, nom Averstännis vun den Elteren, mam Bummelbus mat eis op Bettenduerf gefuer an hunn sech do de ganze Moien an hirem Bewegungsraum ausgetoobt.

Mir empfangen d'Zesummenaarbecht mat aneren Haiser als immens wichteg fir de Kanner Diversitéit unzebidden. De Grupp Rockstaren (2-4Joer) huet och schonn déi pädagogesch Kiche vum Précoce genotzt an ee leckere Banannekuch gebak. Et bereet eis Freed, duerch eis lokal Vernetzungen, de Kanner d'Émwelt ze weisen an hiren Horizont esou ze erweideren.



Sportsaktivitéit am Campus Dappeshaus



Bakaktivitéit am Précoce (Maison Relais Bissen)



Bewegungsraum an der Crèche beim Musekshaus



Airtramp

Schouljoer 2023/24

Organisatioun
Crèche Beim Musekshaus

Happy Birthday un eis méi eeler Biisser!

D'Gemeng Biissen gratuléiert eisen eelere Gebuertsdagskanner! Nom Prinzip 80 Joer, 85 Joer, 90 Joer an dann no all Joer (91, 92, etc.) kréien eis Biisser häerzlech vum Schäfferot gratuléiert.



Happy Birthday	
Benker Gertrud	80
Braun Marie Thérèse	80
Funk Suzanne Jeanne	80
Gielen Frédéric Willy	80
Goller Josephine	80
Olinger Anne Marie	80
Thies Michel Hubert	80
Weyland Raymond	80
Barthel Liliane	85
Rodrigues Loreta Viviana	85
Schmitz Richard	85
Wietor Margot	90
Thillmany Nicolas Joseph	94

SAVE THE DATE!

September

Just4Fun Cup
14. September 2024

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — VC Biissen

Marche gourmande
15. September 2024

FEST

Wou — Ganz Biissen mat Départ
Sportshal
Org. — Fanfare Biissen

**Europäesch
Mobilitéitswoch**
15. - 22. September 2024

AKTIOUN

Wou — Biissen
Org. — Gemeng Biissen
Info: www.bissen.lu/emw

Porte Ouverte
21. September 2024

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — VC Biissen

Kéisowend
21. September 2024

FEST

Wou — Wonerbatti
Org. — AGEP

Oktoberfest
27. September 2024

FEST

Wou — Hal Frounert
Org. — FC Atert Bissen

Oktober

Rouchidag
5. Oktober 2024

TRADITION

Wou — Kierch/Wobierg
Org. — Rouchifrënn

**Ausflug an d'Stad
Lëtzebuerg**
5. Oktober 2024

DIVERS

Wou — Stad Lëtzebuerg
Org. — Gemeng Biissen,
Kommissioun 3. Alter

Pappest
3. Oktober 2024

TRADITION

Wou — Crèche Margréitchen
Org. — Crèche Margréitchen

Concert
6. Oktober 2024

CONCERT

Wou — Kapell
Org. — Soirées musicales



Elteren-Infowend
8. Oktober 2024

DIVERS

Wou — Crèche Margréitchen
Org. — Crèche Margréitchen

Kürbis-Schnitzelatelier
12. Oktober 2024

AKTIVITEIT

Wou — Atelier Communal /
Pompjeesbau
Org. — Gemeng Biissen



Journées commémoratives
11. - 13. Oktober 2024

OFFICIEL

Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen, Amicale
Albert Ungeheuer, 2.Gen. Enrôlés
de Force, Quadriga

Cabaret
19. Oktober 2024

KULTUR

Wou — Veräinshaus
Org. — Chorale

Hierschtconcert
20. Oktober 2024

CONCERT

Wou — Veräinshaus
Org. — Chorale

Spooky Halloween Rallye
26. Oktober 2024

RALLYE

Wou — Bonnert
Org. — Gemeng Biissen



Kürbisfest
27. Oktober 2024

FEST

Wou — Wonerbatti
Org. — Blummeveräin

Festival folklorique
26. - 27. Oktober 2024

FEST

Wou — Frounert
Org. — OS Amigos

November

Theater

8., 9., 22., 23. November 2024

KULTUR

Wou — Veräinshaus
Org. — Cercle dramatique

Mullenowend
15. November 2024

FEST

Wou — Wonerbatti
Org. — Pétanque

Monatsversammlung
17. November 2024

DIVERS

Wou — Veräinshaus
Org. — Blummeveräin

Bingo Nomëtteg
21. November 2024

Wou — Wonerbatti
Org. — Kommissioun 3. Alter,
Gemeng Biissen.

Cäcilie mass
23. November 2024

KULTUR

Wou — Kierch
Org. — Fanfare & Chorale

Chrëschtmaart
29. - 30. November 2024

TRADITION

Wou — Frounert
Org. — Gemeng Biissen



Dezember

Jugendturnoi Indoor
13. - 16. Dezember 2024

SPORT

Wou — Sportshal
Org. — FC Jugend Bissen



**Monatsversammlung
& Chrëschtfeier**
15. Dezember 2024

DIVERS

Wou — Veräinshaus
Org. — Blummeveräin

**Adventsnomëtteg fir
d'Eltere vun der Crèche**
17. Dezember 2024

DIVERS

Wou — Crèche Margréitchen
Org. — Crèche Margréitchen


Sylvester Party
31. Dezember 2024

FEST

Wou — Frounert
Org. — Tropical Dancing

EUROPÄESCHMOBILITÉITSWOCH

16.-22. SEPTEMBER 2024 - [BISSEN.LU/EMW](https://bissen.lu/emw)



PROGRAMM



- 16.09 - TRÉPPELTOUR MAM DRËTTEN ALTER
- 17.09 - ENTDECKT DE PEDIBUS MAT DE KANNER & COFFE TO GO
- 18.09 - AWEIUNG VUN DER ROUSCHTER STROOSS
- 19.09 - GOGOVËLO STARTEVENT & ALLES RONDERËM DE VËLO
- 20.09 - MAM VËLO AN D'SCHOUL & LÉIER DE VËLO KENNEN
- 21.09 - SPILLPLAZERALLYE MAT GROUSSEM FAMILIJEFEST
- 22.09 - SEEFKËSCHTERENNEN



DETAILER FANN DIR OP
[BISSEN.LU/EMW](https://bissen.lu/emw)



#mobilityweek #bissen



COLOURS OF BLINDNESS

QUINZAINE DU DON VUN DER BLANNEVEREENEGUNG

DU 1 AU 15 OCTOBRE 2024

PLUS D'INFORMATIONS

[COB.FLB.LU](https://cob.flb.lu)



Biisser Schoul-Konveniat 2024

Mir wëllen déi Biisser Leit vun de Joergäng 1955 – 1975, déi och hei zu Biissen an d'Schoul gaange sinn, informéieren, datt mir dëst Joer nees ee Konveniat organiséieren, an dat den 28. September 2024.

Dir kënnt iech gär nach umellen, da kritt dir weider Informatiounen.

Mir freeën eis elo schonn iech all erëmzegesinn.

Marianne a Fränk

Kontakt

Fränk Reichel
T. 621 232 292

Marianne Hauptert-Schilling
T. 621 189 667



BI-FIT asbl
Biissen



Sport 24/25
programm

Wou:

Sportshal Biissen
1, rue des Sports L-7795 Biissen

Kontakt:

Josiane Kiefer
Telefon 621356726
josiane.kiefer@education.lu
bi-fitasblbissen@clubee.club

Präisser/Saison:
(16.09.24 - 12.07.25)

- 1 Cours /Woch 120€
- 2 Coursen/Woch 240€
- 3 Coursen/Woch 340€
- 4 Coursen/Woch 450€
- 5 Coursen/Woch 550€

D'Studente kréien
et 10% méi bëlleg.

D'Crouse fänke méindes,
de 16. September 2024 un.
Déi éischt Woch ass eng
Schnupperwoch.
Do sinn d'Course gratis.
Aschreiwé kënnt Dir iech
dono op der Plaz.

Weider Infoen iwwer
www.bidatu.lu

D'Course sinn alleguerte
mixte a fir all Alter (16+)

Méindeg	Dënschdeg	Mëttwoch
09.00 – 10.00 Fit an d'Woch Balance a Body- shape douce mam Fraenz	09.00 – 10.00 Kraafttraining mam Steffi	19.30 – 20.30 Bodyshape mam Fraenz
19.00 – 20.00 Fatburner / Intervallturnen 1 mam Steffi	10.15 – 11.15 Power a Stretch mam Steffi	
20.15 – 21.15 Fatburner / Intervallturnen 2 mam Steffi	18.00 – 19.00 Kraafttraining mam Steffi	
Donneschdeg	Freideg	Samschdeg
09.00 – 10.00 Kraafttraining mam Steffi	09.00 – 10.00 Bodyshape douce mat Réckefit mam Fraenz	09.30 – 10.30 All in the Mix mam Steffi (Fatburner, Kraaft, Pilates)
10.15 – 11.15 Pilates mam Steffi		
18.00 – 19.00 Body Pump mam Steffi		
19.30 – 20.30 Stretching a Gymnastique douce mam Fraenz		



Seefekeschterennen

22. September 2024

Org.: Gemeng Biissen, Jugendhaus Biissen & Petanque Klub Biissen



Reportagen & Interviews



WWW.BISSEN.TV



Bis' Talk mam Fred Liber- A Biisserman in New York

R.S. Fred, du blécks op eng laang Karriär als Lefter zréck. Du bass ee Biisser Jong, däi Papp war Steemetzer, deng Mamm hat eng Epicerie. Du hues deng Kandheet zu Biissen verbruecht, hues ennen am Wobierg gewonnen. Mir intresséieren eis awer fir deng Karriär als Lefter. Wéi bass du zum Lafe komm?

F.L. Ech war ëmmer dobaussen, si gelaf oder mam Vëlo duerch d'Bëscher gefuer. Awer einfach esou, fir mech selwer. Dunn hunn ech héieren, datt zu Bieles ee Laf wier, an ech hu mer geduecht, datt ech dat mol probéiere kéint. Dat war op Rouchidag, den 3. Oktober 1970, e Laf vun 10 Meilen.

R.S. Du waars dono an der Liichtathletik Spora. Wéi bass de dann dozou komm? Dat war jo eppes wat elo net sou populär hei zu Biissen war?

F.L. Ma wéi ech op Bieles gefuer sinn – mam Zuch, well een Auto hat ech net – an ech zu Miersch an der Gare de Billjet kaaft hu fir op Bieles, huet de Chef de gare mech gefrot, wat ech dann zu Bieles maache géif. Ech hunn him vum Laf erzielt, an hie sot, ech soll him owes, wann ech zréckkéim, erzielen, wéi et gaange wier. Ech hunn him erzielt, datt ech esou am Mëttfeld ukomm wier, wat och bedéngt war, well ech keng gutt Lafschong unhat.

R.S. Wéi ass et du weidergaang?

F.L. Jo, dee Chef de gare huet mer gesot, datt hien op der Spora wier, an datt d'Route du vin ustoe géif. Well dat jo e Semi-marathon ass, sollt ech nach gutt trainéieren. Hie géif mech da mat bei den Dr Capesius huelen, dee géif meng Wäerter moossen a wann déi gutt wieren, kéint ech do matlafen. Wat ech dann och gemaach hunn.

R.S. Hues de dann op der Spora och déi 100m mol probéiert?

F.L. Jo, eng Kéier. Mä dat ass näischt fir mech, ech sinn net dofir gemaach. Dat huet awer deemools kee gesot. Well ech mech net genuch waarm gemaach hat, hunn ech missen an der Hallschent ophalen an hat mer ee Muskelfaserrëss zougezunn.

R. S. Vëlo bass de awer och gefuer?

F.L. Jo, awer ëmmer nëmme fir mech. Ech sinn ni eng Course gefuer.

R.S. Wéi kouw et dann zum Marathon, mam Héichpunkt New Yorker Marathon?

F.L. Dat war e puer Joer drop. De Kollege huet mer vum Schëfflenger Marathon geschwat. Dofir misst awer méi ee speziellen Training gemaach ginn. Well ech jo keen Auto hat, sinn ech mam Vëlo op d'Colmar Gare gefuer, hunn do mäi Vëlo ofgesat a sinn da laanscht d'Uelzecht bis op Miersch gelaf, do wou haut de Cactus steet. An da rëm zréck. Dat waren dann ëm déi 30 km. Heiansdo hunn ech dann nach puer Kilometer derbäi gemaach, fir sou op 33 km ze kommen. 30 – 33 km sinn deen idealen Training fir de Marathon. Mä déi Zäit hunn ech ëmmer aleng trainéiert, wat net sou einfach war.



Am Abrëll 1974 war et du sou wäit. Dee Kollege hat mech nach gewarnt, datt ech net menge soll, datt ech an der duebler Zäit vum Semi-Marathon ukomme géif. Ech si mäin éischte Marathon gelaf, zu Schëffleng, an enger Zäit vun 2St 54' 05". Dat wäert ech ni méi vergiessen, esou Momenter verhält ee säi Liewe laang.

R.S. Wéi vill Marathone bass de dann nach hei gelaf ier et op New York gaangen ass?

F.L. 1979 war ech nach op engem Marathon an der Stad, dee vum Stade Josy Barthel an de Mamerdall gaangen ass. Mä dat war eng richteg Qual, ech hat bësse virdrun en Akzident a konnt net trainéieren. An ouni Training gëtt dat ze schwéier. Ech hat ee Kollege vun der Good-Year, de Jacques Guden, deen ass mam Vëlo op der leschter Streck mat mer gefuer an huet mech encouragéiert, duerzehalen. Mä dat war dat Schlémmst, wat ech jeemools matgemaach hunn.

1980 kouw dann de Marathon zu lechternach, laanscht d'Sauer.

Do kouw fir mech en neien Challenge, well ech mat 2 Kollegen trainéieren konnt, mat mengem Schwoer an dem Jacques Guden. Vun elo un ass den Training vill méi liicht gefall, een huet deen anere matgerappt. 1983 am Fréijoer war dunn ee Marathon zu Paräis. Fir déi 2 war et den éischten, an ech hunn natierlech och matgemaach.

R.S. Wéini goug et dunn an Amerika?

F.L. 1983, den 23. Oktober, stoung de Marathon zu NY um Programm. Ech hat dunn 42 Joer, am Fong ee gudden Alter fir Marathon ze lafen. Fir d'Méiglechkeet ze kréien dohin ze fléien, hu mer e Club gegrënnt: Lafsport Lëtzebuerg, dee mëttlerweil zwar erëm opgeléist ass. Mir si Geld sammele gaang, hu Sponsore gesicht. Dat meescht hu mer awer nach aus eiser eegener Täsch bezuelt. An du goug et op NY. Mir sinn eng Woch éischter geflunn, fir eis un d'Zäitstellung ze gewinnen. Fir mech war dat den éischte Fluch, a wéi hunn ech gestaunt, wéi mer do aus dem Fliger geklomm sinn. Déi Stad NY, mat hire Wolkenkratzer!

R.S. War dat eng eemoleg Saach oder bass de zréckgaang?

F.L. 1991 war ech eng 2. Kéier do. Den Dag virum Marathon ass eng Pasta Party. Et soll ee jo vill Kuelenhydrater zou sech huelen an esou mann wéi méiglech Fett. Dat ass gutt fir d'Ausdauer.

Mëttlerweil hunn ech och scho vill Bicher zum Thema gelies, ech wollt jo alles ëmmer besser maachen. Dës Kéier ware mer zu 20-30 Lëtzebuerger do an den Owend virdrun hu mer diskutéiert, wie vun eis dee beschte géif ginn.

R.S. Wéi has de dech dann aklasséiert?

F.L. Ech hu mech gutt a Form gespiert, mä ech war awer méi al wéi déi aner. Et huet gereent, mä déi amerikanesch Zuschauer si formidabel, si peitschen een no vir. Ech hat gelies, datt ee sech Tëschenzäiten, sou no 5km, virhuele soll. Déi hat ech op enger Käertchen op der Hand gepecht, deemools hat ee jo keng aner Méiglechkeet. Mäi Plang war de Kilometer a 4 Minuten ze lafen, dat géif eng Zäit vun 2St 48 Minuten an 38 Sekonne ginn. Mä iergendwann ënnerwee krut ech de Krämpchen an ech hat kee Jus méi. Fir mech huet dunn nach just gezielt, unzekommen. Am Zil hat ech eng Zäit vun 2 St 50 Minuten an 19 Sekonnen. D'Foto dervun hunn ech am Auto leien. An domat war ech den éischte vun de Lëtzebuerger ginn, obscho kee mat mir gerechent hat. Mä ech hat alles sou wéi, an dach si mer nach zu Fous an den Hotel gaang.

R.S. Wat waren nach aussergewéinlech Coursen, déi s du gelaf bass?

F.L. Ma den Two Oceans zu Kapstadt, déi Course geet iwwer 56km. An och eng Kéier de Marathon an Neuseeland. Haut hunn ech och nach mäin Dossard vun 1983 zu New York un, ech hat d'Nummer 1773, gehéiert och zu menger Sammlung vu Souveniren aus där Zäit.

R.S. Wat méchs de haut nach fir dech fit ze halen?

F.L. Ech sinn ëmmer vill gaangen, mä momentan mécht eng Wonn, déi mat engem fréieren Akzident ze dinn huet, mer Probleemer an ech muss méi lues maachen.

R.S. Dann hunn ech vun enger Anekdot héieren, wou s du am Café Adam um Dësch gestanen häss? Wat huet et domat op sech?

F.L. Dat kann nëmme gewiescht sinn op der Hochzäit vu menger eelster Schwëster. Do stoung ech um Dësch an hunn "Marina" vum Rocco Granata gesongen. Jo, wat ee sou alles mécht a senger Jugend.

R.S. Hues de nach eppes, wat s de de Leit mat op de Wee wëlls ginn?

F.L. Et soll een ëmmer um Ball bleiwen. Et ass wichteg, datt ee sech, egal wéi al een ass, sou vill wéi méiglech a senger Moyenen entsprechend, beweegt.



Kuckt hei den Interview

100 Joer Onofhängekeet 1939 – de Biisser Fräiheetsgäertchen

Virun e puer Méint hu mir, wéi all Joer, am ganze Land Nationalfeierdag gefeiert. An den offizielle Rieden ass vill vu Fräiheet an Onofhängekeet geschwat ginn. Dat soll d'Stéchwuert sinn, fir eis an deem Klautjen e bësse mat der Onofhängekeet vun eisem Land ze befaassen an un de Biisser Fräiheetsgäertchen ze erënneren, deen 1939, bei de Feierlechkeeten zur honnertjäreger Onofhängekeet, op der Kiercheplaz ugeluecht gouf.

D'Onofhängekeet vun dem haitege Groussherzogtum Lëtzebuerg geet zeréck op de Wiener Kongress vun 1814/1815, dee mat dem Kinnekräich Holland e Pufferstaat tëscht Däitschland a Frankräich geschafen huet. Dëse Staat huet sech zesummegeat aus Holland a Belgien, ouni d'Herzogtum Lëtzebuerg, dat dem Haus Oranien-Nassau zougesprach gouf. Dobäi gouf den Deel ëstlech vun Our a Sauer, also de Raum Bitburg - St. Vith, ofgetrueden u Preussen. De Kinnek Wëllem I vun Holland huet als Chef vum Haus Oranien-Nassau, Lëtzebuerg a Personalunioun gefouert. Eist Land gouf opgewäert vum Herzogtum zum Groussherzogtum, well de Kinnek drop gehalen huet, och als Chef vu Lëtzebuerg mat « Königliche Hoheit » ugeriet ze ginn. Als Herzog vu Lëtzebuerg hat hien nëmme Recht op den Titel « Durchlaucht », mee, elo als Groussherzog, gouf hien och fir Lëtzebuerg eng « Altesse Royale ». Lëtzebuerg war nominal onofhängeg, awer de Wëllem I huet d'Land behandelt wéi eng zousätzlech Provënz vu sengem Kinnekräich. Gläichzäiteg gouf d'Festung Lëtzebuerg Deel vum Deutschen Bund an eng preussesch Garnisoun, op Lëtzebuergesch eng preisesch Garnisoun, ass an der Festung stationéiert ginn.

1830 ass d'Belsch Revolutioun ausgebrach. Déi majoritär kathoulesch Bevëlkerung aus de südleche Provënzen huet sech vun de majoritär protestanteschen Nordprovënze lassgesot an onofhängeg erkläert. D'ganz Lëtzebuerg Land, mat Ausnam vun der Festung Lëtzebuerg, wou jo eng preisesch Garnisoun war, huet sech op d'Säit vun de Belsch gestallt a wollt sech vum hollännesche Kinnek trennen. Mam Vertrag vu London vum 19. Abrëll 1839 gouf d'Onofhängekeet vu Belgien unerkannt.

De franséischsproochegen Deel vu Lëtzebuerg gong un dat neit Kinnekräich Belgien an den däitschsproochegen Deel blouf a Personalunioun bei dem hollännesche Kinnek. Den Territoire vun eisem Land, sou wéi en deemools festgeluecht gouf, ass onverännert bliwwen bis haut. Den 19. Abrëll 1839 gëllt als Stéichdatum fir d'Onofhängekeet vu Lëtzebuerg. D'Festung Lëtzebuerg selwer blouf Member vum Deutschen Bund, an déi preisesch Garnisoun ass och an der Festung bliwwen.

D'Politik huet sech an deem Sënn geännert, dass d'Kinnek-Groussherzogen elo eng eegestänneg Lëtzebuerg Identitéit entwéckele wollten, fir dass keen op d'Iddi kéim, sech nach de Belsch unzeschleissen. An deem Sënn gouf 1841 den Ordre de la Couronne de Chêne geschafen a Lëtzebuerg Mondaartdichter wéi den Dicks an de Michel Lenz sinn ënnerstëtzt ginn. 1867 war et scho bal eriwwer mat der Onofhängekeet vu Lëtzebuerg. De franséische Keiser Napoléon III wollt d'Groussherzogtum Lëtzebuerg dem hollännesche Kinnek Wëllem III fir 5 Milliounen Florinten ofkafen an deen huet den 23. Mäerz 1867 säin Accord heizou ginn. Et kumt awer zum Sträit mat Preussen, dee mat dem Londoner Vertrag vum 11. Mee 1867 bäigeluecht gouf. Mat deem Vertrag gouf d'Onofhängekeet vu Lëtzebuerg confirméiert. D'Land gouf neutral erkläert, an d'Neutralitéit sollt vun England, Frankräich, Preussen a Russland garantiert ginn. Déi preisesch Garnisoun gouf ofgezunn an d'Festung Lëtzebuerg ass geschliff ginn.

Et kumt dunn zu enger Period vun Opschwung. D'Lëtzebuerg Identitéit huet sech gefestegt. D'Land huet sech emanzipéiert a mat der Entwécklung vun de Minettsgrouwen a vun der Stolindustrie kumt et zu engem gewësse wirtschaftleche Wuelstand. Dës Entwécklung gouf mat dem Éischte Weltkrich ënnerbrach. Vun 1914 – 1918 gouf Lëtzebuerg vun dem Däitsche Keeserräich, fir d'Lëtzebuerg, vun de Preisen, besat. Innepolitesch huet d'Regierung weider funktionéiert an d'Grand-Duchesse blouf am Land. Dës Politik huet derzou gefouert, dass d'Onofhängekeet vun eisem Land bei de Verhandlungen no dem Waffestëllstand a Fro gestallt gouf. Et kumt zu Onrouen an et gouf eng staark Tendenz, déi Lëtzebuerg un d'belsch Kinnekräich annektere wollt.

Mat dem Referendum vum 28. September 1919 hunn d'Lëtzebuerg sech fir hir Staatsform, also d'Monarchie, a fir déi regéierend Groussherzogin Charlotte decidéiert. D'Resultat vum Referendum wat d'Monarchie betrëfft, ass bis haut gëlteg. Am zweeten Deel vum Referendum geet et ëm déi zukünfteg wirtschaftlech Zesummenaarbecht. 60,13 Prozent vun de Leit ware fir een Accord mat Frankräich, mee d'Fransouse wollten eis net. Schliisslech kumt et zu engem Accord mat Belgien an, mam Vertrag vum 25. Juli 1921, zur Grënnung vun der UEBL, der Union Économique Belgo-Luxembourgeoise. Dëse Vertrag ass bis haut gëlteg a gouf den 18. Dezember 2002 erneiert.


Domat war d'Onofhängekeet vum Lëtzebuerg Land eng zweete Kéier gerett, mee an Däitschland huet sech d'Nazi-Bewegung entwéckelt, wat fir Lëtzebuerg zu engem fatalen Ausgang gefouert huet. D'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg war sech dëser neier Gefor duerch bewosst, wat erkläert, firwat d'honnertjäreg Onofhängekeet 1939 sou intensiv am ganze Land gefeiert gouf. D'Leit wollten e kloert Zeeche setzen: mir sinn zanter honnert Joer onofhängeg a mir wëllen dat bleiwen.


Zu Biissen gouf et gläich zwou grous patriotesch Feieren. Op Ouschersonndeg, dem 9. Abrëll 1939, ass op der Kiercheplaz ee Fräiheitsbam geplanz ginn. Ronderëm de Bam goufe Blummen ugeplanz an d'Plaz ass ofgerennt gi mat engem Gelänner an deem d'Wope mat Kroun a Roude Léif an d'Joreszuelen 1839 – 1939 integréiert waren. Dës war de Biisser Fräiheetsgäertchen. D'Haaptfest war den 8. an 9. Juli 1939. D'Feierlechkeeten hunn um Samschdeg, dem 8 Juli owes ugefaange mat Böllerschëss, Concert vun der Biisser Musek a Fakelzuch duerch d'Duerf. Um Sonndeg, dem 9. Juli, war moies Mass fir Mammendag, Fändelswei vum Cercle Dramatique a Präsessioun.

Am Nomëtteg war de grous historischen a patrioteschen Ëmzuch duerch d'Uertschaft, Festried vum President vum Organisationscomité an Ofschloss mat Concerte vun de frieme Gesellschaften. D'Gemeng hat en Opruff un d'Leit gemaach, hir Haiser ze rëschten a bei der Feier matzemaache fir, wéi d'Gemeng schreift, « Réusse'eren vun eiser Jôrhonnertfeier a fir en onofhängeg Weiderbestoen vun eiser lexeburger Hèmecht. » Dës Wieder hunn d'Suerge vun de Leit ausgedréckt fir dat, wat sech an dem Nopeschland Däitschland entwéckelt huet.


D'Fotoe vun dem Ëmzuch weisen, dass d'Leit sech der historischer Tradition vun hirem Duerf bewosst waren. Mir wëllen heizou e puer Fotoe vu Festween erausgräifen. Op engem Won gëtt un d'Biisser Schmelz erënnert (Foto 1). Zu Biissen gouf et vun der Mëtt vum 17te Joerhonnert un eng Schmelz op dem Site, wou haut d'Wierk vun ArcelorMittal steet. Verschafft gouf sougenannt « Rasenerz », op Franséisch « fer des marais ». Dës waren eisenhaltege Steng, déi op dem Flouer an dem Mierscher Raum ausgegruewe goufen. Den Héichuewen op der Foto ass fräi erfionnt, awer de Message ass kloer: mir hate fréier zu Biissen eng Industrie, mir haten eng Schmelz. D'Biisser Schmelz gouf den 1. Januar 1866 opgeléist, well de Betrib sech net méi rentéiert huet wéinst den neie Produktiounsverfahren, déi aus England op de Kontinent eriwwer koumen.

Verschiede Ween aus dem Festzuch – Foto 1: Déi fréier Biisser Schmelz.





Verschiede Ween aus dem Festzuch – Foto 2: Modell vun engem Kuelemeiler an deem Holzkuele gemaach goufe fir d'Biisser Schmelz.



D'Neelproduktioun 1939 an 1839 – Foto 3: De Mann op der Foto op der Säit vun der Joreszuel 1938 ass de Gaertner Jäng, dee bis zu senger Pensioun op den Neelmaschinne geschafft huet.

D'Biisser Schmelz huet mat Holzkuele geschafft, déi an de Biisser Bëscher produzéiert goufen. Heirun erënnert de Festwon mat engem Kuelemeiler (Foto 2). Vill vun deene Kuelemeiler stoungen am Bësch vum Uessestall erof Richtung Béiwener Strooss an erop Richtung Viichter Strooss. Am Bësch gëtt et gréisser Plaze mat pechschwarzem Buedem aus där Zäit. Fréier hunn d'Leit aus dem Duerf déi Plaze kannt a sinn heihi schwaarze Buedem siche komm fir d'Griewer frësch ze maachen. Et konnt een och verschidde Plaze mat schwarzem Buedem gesinn, wéi virun e puer Joer Dëmpelen an dem Bësch opgemaach a verschidde Bëschweeër nei befestegt goufen.

Interessant ass de Won vun der Neelfabrikatioun 1838 an 1939 (Foto 3). 1939 goufen d'Neelmaschinnen an der Fabrik mat Transmissiounsrimmer ugedriwwen, déi vun enger Transmissiounswell erfokoumen. Dës Transmissiounswell gouf ufanks mat enger Dampfmaschinn a spéider mat engem elektresche Motor ugedriwwen. All Maschinn hat zwou laang hëlze Fiederer, déi de Kapp vum Nol geschloen hunn, an e Schwongrad. D'Zesummeklappe vun den hëlze Fiederer huet de schreckleche Kaméidi gemaach, deen et déi Zäit an der Neelfabrik gouf. Op der Foto gesäit ee rechts de Schmadd, deen 1838 d'Neel a senger Schmëtt geschmid huet. Lénks ass déi aktuell Produktioun vun 1939 mat enger Neelmaschinn, déi een awer op der Foto net däitlech erkennt. Et ass och nëmme eng kleng Maschinn, déi meescht Neelmaschinne ware méi grouss. Dat klengt Gestell ganz lénks am Bild, ass den Oflaf, vun deem den Drot an d'Maschinn gefouert gouf. Vun der Maschinn selwer gesäit ee vir d'Féiss an e Stellhiewel a lénks d'Schwongrad. Rechts ass eng kleng Trommel, déi den Opleeër war fir den Transmissiounsrimm. Déi zwou hëlze Fiedere fir de Kapp ze schloen, feelen. De Mann, deen nieft der Maschinn steet, ass de Jean Gaertner, Jäng genannt. De Gaertner Jäng a säi Jong, de Gaertner Jos, hunn allebéid op de Neelmaschinne geschafft bis zu hirer Pensionéierung.

De Message vum Won ass kloer: d'Leit waren houfreg op hir industriell Traditioun. Fréier goufen d'Neel vum Schmadd op der Hand geschmid. Haut huet Biissen e richtegen industrielle Betrib, déi eenzeg Neelfabrik am Land.

Och de Won mat der Zéngtscheier (Foto 4) erënnert un d'Geschicht vu Biissen. D'Zéngtscheier war aus dem Joer 1730. Bis zur franséischer Revolutioun hunn d'Leit der zoustänneger Herrschaft an deser Scheier den Zéngtel vun hire Recolten als Steuer ofginn. Wéi den Zéngtel ofgeschaaft gouf, hat d'Scheier keng weider Bedeitung méi. Si gouf benotzt fir z.B. d'Lou ze lagere bis zum Verfaf. D'Gemeng huet d'Zéngtscheier 1879 kaaft an ëmgebaut. Et koum e Schoulsall dran, e Sitzungssall fir de Gemengerot, eng Portierswunneng an e Raum fir d'Pompjeeën. Spéider gouf de Schoulsall vun de Veräiner benotzt als Theater- a Versammlungssall. D'Gebai ass net sou richtig ënnerhale ginn an nom éischte Weltkrich gouf festgestallt, dass eng Renovatioun sech net loune géif. Och huet d'Gebai net méi an d'Uertschaft gepasst. Et war eng Scheier bliwwen. 1931 gouf decidéiert, d'Zéngtscheier ofzerappen an en neit Gemengenhais op där Plaz ze bauen. De 15. Juli 1933 war scho Straussfeier an den 8. Juli 1934 gouf dat neit Gemengenhais ageweit. Haut ass dëst Gebai eist Veräinshaus. De Won mat der Zéngtscheier ass realistesch gebaut. Et gëtt Fotoe vun dem ale Gebai, an déi meeschte Leit konnten sech 1939 nach un déi fréier Zéngtscheier erënnern.

D'Foto 5 weist de Festwon mat Kroun. Op dem Won sëtze jonk Biisser Dammen, ganz a wäiss gekleet. D'Ausso vun dem Won ass net bekannt. Et gesäit een och net kloer, wien op dem Troun ënnert der Kroun sëtzt.



Foto 4: D'Zéngtscheier. Um Won war ee Panneau mat der Opschrëft « ZÉNGTSCHIEIER ».



Foto 5: Jonk Biisser Dammen, ganz wäiss gekleet, um Festwon mat Kroun.




Foto 6: De Fräiheitsgäertchen bei der Liberatiounsfeier den 10. September 1945.

Den 10. Mee 1940 huet Nazidäitschland Lëtzebuerg besat an all Zeechen, déi un d'Onofhängegkeet erënnert hunn, goufe verbueden. Den Henri Schmit, mat Hausnumm Hippen Hary, huet d'Wope vum Gelänner vum Fräiheitsgäertchen erof geholl a verstoppt. Hippen Hary war Viraarbechter op der Neelfabrik a vu Beruff Schmadd. Sāi Papp hat eng Schmëtt « an Hippen ». Déi war, wann een d'Mierscherstrooss erof kënnt, lénks direkt hannert der Eisebunnsbréck. D'Gebai gëtt et haut nach. Wann een op der Parkplaz bei der Bréck steet an et kuckt ee Richtung Kierch, da gesäit ee riicht aus déi fréier Schmëtt. Ugebaut lénks ass d'Wunnhaus « an Hippen ».

No dem Krich ass de Fräiheitsgäertchen nei amenagéiert ginn. D'Wope koum nees un d'Gelänner an am Gäertchen ass op engem Bëtongssockel eng Plack ugemaach gi mat dem Bild vum der Groussherzogin an der Schrëft « MIR HUN FEST GEHALEN 10.5.1940 – 10.9.1944 ». (Fotoe 6 a 7). De Fräiheitsbam vun 1939, deen d'Besatzer eraus gerappt haten, gouf duerch en neie Fräiheitsbam, eng Lann, ersat. Den 10. September 1945 hunn all Biisser Leit zesummen d'Liberatioun gefeiert. Moies war eng Mass fir all Krichsaffer an am Nomëtteg war déi patriotesch Feier ronderëm den neie Fräiheitsgäertchen, mat Riede vum Buergermeeschter Jean Engel, dem Verrieder vun den Deportierten Nicolas Wolff, dem Sektionschef vun der « Unioun » Théodore Bausch an dem Verrieder vun « Ons Jongen » Guill Feith.

De 15. Oktober 1954 gouf de Monument aux Morts an der Kierchemauer ageweit, mat der Schrëft « HEMECHTSDUERF VERGIES EIS / NIT ». Vun do u sinn all national Erënnungszeremonien bei dësem Monument. Ëm de Fräiheitsgäertchen ass et roueg ginn. E war einfach do, an d'Schoulkanner hunn um Gelänner gespillt.

1989 huet Lëtzebuerg 150 Joer Onofhängegkeet gefeiert mat enger sëllesche Manifestatiounen duerch d'Land. Zu Biissen war op Nationalfeierdag owes op der Plaz beim Kiosk, do wou haut d'Parkplaz bei der Spillschoul ass, e grousst Volleksfest. De Gesank huet Lëtzebuerger Lidder gesongen an d'Musek huet e Concert gespillt mat Wierker vu Lëtzebuerger Komponisten. Duerno hunn déi zwéi Veräiner zesummen « Vum Minette an d'Éislek » gesongen a gespillt, e Medley mat bekannte Lëtzebuerger Melodien. De Concert vun den zwéi Veräiner gouf ofgeschloss mat der Heemecht. Uschléissend huet d'Gemeng Fräibeier offréiert bis zum Freedefeier ëm 23.00 Auer, mat deem den Owend op en Enn gong.

Den 23. September 1989 war zu Miersch e patrioteschen Ëmzuch un deem 13 Biisser Veräiner deelgeholl hunn. Am Numm vun der Entente hate Leit vun de Veräiner de Festwon fir dësen Ëmzuch gebaut an zwar, wéi schonn 1939, eng Neelfabrik. Si gouf op der Neelfabrik opgebaut op een Tieflader vun der Firma Ameco. D'Maschinn gouf ugeschloss un en elektresche Generator, deen op dem Tieflader stoung a mat Panneau verdeckt war. Op de Panneau waren historesch Fotoen, déi Leit bei hirer Aarbecht an der Neelfabrik gewisen hunn. Während dem Ëmzuch huet d'Maschinn Neel produzéiert. Si gouf bedéngt vum Peter Feil vu Biissen, de Pitter genannt, a vum Fernand Struck vu Miersch. Allebéid waren si Meeschter op der Neelfabrik, oder op der TrefiARBED, wéi d'Firma deemools geheescht huet. Am Kader vun de Feierlechkeete koum och e Buch eraus, « De Kanton Miersch », an deem d'Gemenge vum Kanton sech virgestallt hunn. D'Texter vun dem Biisser Deel goufe geschriwwen vu Jos Schummer, Arnold Weber an Armand Wantz.

Schliisslech ass um Commemoratiounsday de 14. Oktober 1989 op der Kierchplaz en neit Monument ageweit ginn, e Block aus Sandsteen, mat enger Plack déi un d'honnertfofzegjäreg Onofhängegkeet vun eisem Land erënnert. De Fräiheitsgäertchen vun 1939 war bei der Neigestaltung vun der Kierchplaz kuerz virdrun ofgebaut ginn an e gouf net méi opgeriicht. D'Gelänner mat dem Roude Léif an d'Erënnungsplack un d'Resistenz während dem Krich sinn zënterhier verschollen. Nëmme de Lannebam steet nach do, mee näischt erënnert drun, dass dëst de Fräiheitsbam ass, dee bei der Liberatiounsfeier 1945 geplanzt gouf.

Pol Schummer

Sourcen:

Historesch Angaben an de Kommentaren zu de Fotoen:

- Victor Kalmes: *Bissen seit eh und je*, Band 2 Säiten 93 – 99 an 295 – 343
- *Patriotesch Feier 1939: idem Band 2 Säite 471 – 473*
- *Liberatiounsfeier: idem Band 2 Säite 549 – 550*
- *Festlechkeete vun 1989: Brochure 30e Anniversaire du « Dësch-Tennis BIISSEN » Säite 94 - 110*

Fotoen:

- *Kollektioun Camille Schroeder*

Foto 7: D'Erënnungsplack, déi bei der Liberatiounsfeier vum 10. September 1945 ubruecht gouf.



Administratioun & Servicer



Jugendliche und junge Erwachsene Kein Job? Keine Lehre?

Arbeitslosigkeit kann jeden Jugendlichen treffen: Schulprobleme, Streit, Mobbing, keine Orientierung, Krankheit...

Einmal arbeitslos, beginnt für sie ein Teufelskreis: Ohne Berufserfahrung und Abschluss keinen Job – ohne Job keine Berufserfahrung. So verwundert es nicht, dass viele Jugendliche arbeitslos sind, obwohl sie Arbeit suchen. Die Jugendlichen aus der Gemeinde Bissen hatten unzählige Bewerbungen verschickt und in der Regel keine Antwort erhalten.

Gemeinsam mit dem Coach erkennen sie ihre persönlichen und beruflichen Fähigkeiten und finden Lösungen sowie zu ihnen passende Möglichkeiten. Selbst nach langandauernder Arbeitslosigkeit ist das Finden eines Arbeitsplatzes denkbar.

Die aktuelle Jugendarbeitslosigkeit in Luxemburg beträgt rund 20%, davon ist auch die Gemeinde Bissen betroffen.

Insgesamt hat Youth & Work bis heute landesweit über 3.000 Jugendliche begleitet.

Dazu arbeitet Youth & Work eng mit Unternehmen, Organisationen und Kammern zusammen.

Du möchtest mehr wissen?

Lerne uns unverbindlich kennen.

La commune de Bissen soutient, en collaboration avec Youth & Work, les

jeunes dans leur recherche d'emploi et de formation. Youth & Work accompagne les jeunes jusqu'à 29 ans jusqu'à ce qu'ils aient trouvé une orientation, une formation ou un emploi. La participation est gratuite et volontaire.

Le chômage peut toucher chaque jeune: Problèmes scolaires, disputes, harcèlement, manque d'orientation, maladie... . Une fois au chômage, un cercle vicieux commence pour eux: Pas d'emploi sans expérience professionnelle et sans diplôme - pas d'expérience professionnelle sans emploi. Il n'est donc pas étonnant que de nombreux jeunes soient au chômage alors qu'ils cherchent du travail. Les jeunes de la commune de Bissen avaient envoyé d'innombrables candidatures et n'avaient généralement pas reçu de réponse.

Avec le coach, ils identifient leurs capacités personnelles et professionnelles et trouvent des solutions et des possibilités qui leur conviennent. Même après une longue période de chômage, trouver un emploi est envisageable.

Le taux de chômage actuel des jeunes au Luxembourg est de 20%, ce qui touche également la commune de Bissen. Au total, Youth & Work a accompagné jusqu'à présent plus de 3.000 jeunes dans tout le pays.

Pour ce faire, Youth & Work travaille en étroite collaboration avec des entreprises, des organisations et des chambres.

Tu veux en savoir plus ?

Apprends à nous connaître sans engagement.

Terminanfrage / Demande de Rendez-vous

info@youth-and-work.lu

T 26 62 11 41

www.youth-and-work.lu

Youth & Work



Berodung bei
Orientéierung
Ausbildung
Aarbecht

Conseil
Orientation
Formation
Emploi

info@youth-and-work.lu

www.youth-and-work.lu



26 62 11 41



Aktioun Päiperlek Maacht mat!

Eine faszinierende Vielfalt ist bedroht

In Luxemburg leben heute 86 Tagfalterarten. Etwa die Hälfte davon ist bedroht durch den Verlust ihrer Lebensräume, das Verschwinden ihrer Nahrungspflanzen und durch Umweltgifte.

Aber Schmetterlinge sind wichtig für das ökologische Gleichgewicht, als Bestäuber und als Nahrungsquelle für Vögel und andere Tiere. Und vor allem, was wäre ein Sommer ohne sie, die bunten Gaukler der Lüfte, ... nur halb so bunt und aufregend!

Schmetterlinge beobachten!

Mit offenen Augen durch die Natur gehen, bunte Schmetterlinge im Flug oder beim Blütenbesuch beobachten macht Spaß. Schmetterlinge finden wir in unseren Gärten, an Feldweg- und Waldrändern, in Wiesen und Wäldern.

Natürlich möchte man dann auch wissen, welcher Schmetterling gerade vorbeigeflogen ist. Deswegen wurde eine kleine Bestimmungshilfe für zehn häufige und leicht erkennbare Schmetterlingsarten erstellt. Bei der „Aktioun Päiperlek“ kann jeder mitmachen, der in der Natur unterwegs ist, sei es bei einem Spaziergang oder beim Arbeiten im eigenen Garten.

Helfen Sie den Schmetterlingen!

Mit der „Aktioun Päiperlek“ machen das Naturschutzsyndikat SICONA und das Nationalmuseum für Naturgeschichte auf die Bedrohung der Schmetterlinge aufmerksam und zeigen, was jeder Einzelne zu ihrem Schutz beitragen kann.

Machen Sie mit!



Une diversité surprenante et fascinante est menacée

Au Luxembourg, il existe aujourd'hui 86 espèces de papillons de jour. Environ la moitié est menacée d'extinction par la perte d'habitats naturels, la raréfaction de plantes nectarifères et la présence d'agents toxiques dans l'environnement.

En leur qualité de pollinisateurs et de proies pour les oiseaux et autres espèces animales, les papillons jouent un rôle important dans l'équilibre écologique.

Impossible de s'imaginer un été sans eux, sans leur ballet féérique, sans leurs couleurs chatoyantes au soleil... sans ce bonheur qui excite les yeux !

Observer les papillons!

Contempler la nature les yeux grands ouverts, observer les papillons colorés qui virevoltent d'une fleur à l'autre pour se délecter de leur délicieux nectar : que du bonheur ! Cette faune particulière habite dans nos jardins, le long des chemins ruraux ou des lisières forestières, dans les prés semés de fleurs et dans les bois. Notre curiosité naturelle nous pousse à vouloir connaître le nom du papillon qui vient de croiser notre chemin. Nous avons mis en place une aide pour identifier dix espèces de papillons qui sont fréquentes chez nous et facilement identifiables. L'« Aktioun Päiperlek » s'adresse à toute personne qui se promène dans la nature ou qui travaille dans son jardin.

Aidez les papillons !

L'objectif de l'« Aktioun Päiperlek », lancée par le Syndicat Intercommunal pour la Conservation de la Nature SICONA en collaboration avec le Musée national d'histoire naturelle, est de rendre le grand public attentif à la menace d'extinction qui pèse sur les papillons. L'action met en évidence des gestes simples que nous pouvons tous effectuer afin de les préserver.

Soyez nombreux à participer !

Bestimmungshilfe / Aide d'identification

www.sicona.lu/maacht-mat

Weiter Informationen / Plus d'informations

SICONA - Naturschutzsyndikat / Syndicat intercommunal de conservation de la nature
www.sicona.lu



7. Mee 2024

Wou

Sportshal

Organisatioun

Ministère des Affaires intérieures

Cybersecurity

Biissen ass mëtterweil oft erwäänt, wann et ëm Informatik geet. Et ass net nëmmen duerch de Projet Google, dee vill an de Medie war, mee och duerch Entreprisé wéi Luxconnect an och duerch de Supercomputer « Meluxina ».

D'Gemeng Biissen ass houfreg, déi eischt Konferenz vun der Cybersecuritéit fir den Ëffentleche Sektor bei eis zu Biissen ofgehalen ze hunn.

Zil ass et, all d'Gemengen an d'Syndikater zu deem Thema ze sensibiliséieren an och ze forméieren. Et sinn intressant Beispiller genannt ginn, wéi sensibel eis Réseaue kënnen sinn an och wéi verschidden Entreprisen un d'Sécherheet eruginn.

Mat dobäi waren: Minister des Affaires intérieures, ILR, SYVICOL, LHC, SES, SEBES an de SIGI.





INSCRIPTIONS ANNÉE 2024-2025

COURS DONNÉS À BISSEN : ÉVEIL MUSICAL & FORMATION MUSICALE



**Nach e puer fräi Plazen !
Encore quelques places disponibles !**

» Inscriptions sur : www.cmnord.lu

MOTUM DE MOBILE FLEEGEDENGSCHT

SOINS INFIRMIERS
—
ACCOMPAGNEMENT & SOINS PERSONNALISÉS
—
THÉRAPEUTES

AIDE ET SOINS À DOMICILE
32 90 31 - 3170

— INFO —
Association ALZHEIMER

SAVE THE DATE!
MEMORY WALK

21. September 2024
Place Clairefontaine
Stad Lëtzebuerg

ala | association luxembourg
alzheimer

REGELN FÜR KINDER
RÈGLES POUR ENFANTS
RULES FOR CHILDREN



Liebe Kinder,

Wisst ihr, worauf ihr in der Nähe von Straßen aufpassen müsst?

Hier findet ihr die wichtigsten Regeln.



Chers enfants,

Est-ce-que vous savez à quoi vous devez faire attention près des routes?

Voici les règles les plus importantes.



Dear children,

Do you know what you need to do when you are next to a street?

These are the most important rules.



Ich bringe mich nicht in Gefahr.



J'évite des situations dangereuses.



I avoid dangerous situations.



Auch auf dem Bürgersteig bin ich vorsichtig.



Aussi sur le trottoir, je fais attention.



I always pay attention – also on the sidewalk.



REGELN FÜR KINDER
RÈGLES POUR ENFANTS
RULES FOR CHILDREN



Ich schaue nach links, rechts, und nochmal nach links bevor ich eine Straße überquere.



Je regarde à gauche, à droite, et encore une fois à gauche avant de traverser une route.



I check the left, right, and again the left side of the road before crossing it.



Ich überquere die Straße nur auf dem Fußgängerstreifen und wenn die Ampel grün zeigt.



Je traverse la route uniquement au passage pour piétons et lorsque les feux sont verts.



I only cross the road on a crosswalk and when the traffic lights are green.



Wenn es dunkel ist, trage ich helle oder bunte Kleidung, damit man mich sieht.



Lorsqu'il fait nuit, je porte des vêtements clairs et colorés pour qu'on me voie.



In darkness, I wear bright and colourful clothes, so that others can see me.



LE CHEMIN DE L'ÉCOLE EN TOUTE SÉCURITÉ

POLICE
LËTZEBUERG

GAUCHE, DROITE, GAUCHE ...

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons en veillant aux feux de circulation : au rouge je dois m'arrêter, au vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends au bord de la chaussée à un endroit où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent également. Ensuite gauche, droite, gauche...

LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Parcourez plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende toujours de la voiture du côté du trottoir.

JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus facilement dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit prendre place dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.



Vigilance accrue lors de la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne se rendent pas encore compte des dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.



Vos trajets en un clic. Avec notre app Bummelbus.

Le service Bummelbus est un service de transport collectif urbain et non urbain à la demande porte-à-porte complémentaire aux transports publics et privés.

L' app du Bummelbus vous permet de réserver votre bus 24/24h et 7/7j en toute facilité. Localiser votre Bummelbus en direct, paiement en ligne, indication du temps d'arrivée: Bummelbus - App.





Gemeng
Biissen



Wie wäre es, wenn Sie Ihren eigenen Strom nutzen ... um Ihre Energieautonomie zu erhöhen und zum Klimaschutz beizutragen.

Die Vorteile des Eigenverbrauchs

Eine Photovoltaikanlage erzeugt Strom, den Sie entweder direkt verbrauchen oder gegen eine Vergütung ins Netz einspeisen können. Die Nutzung des eigenen Stroms zum Betrieb von elektrischen Geräten, einer Wärmepumpe oder zum Laden eines Elektroautos kann wirtschaftlich vorteilhaft sein, insbesondere wenn der Strompreis Ihres Energieversorgers höher ist als die Einnahmen aus dem Verkauf Ihres ins Netz eingespeisten Solarstroms.

Darüber hinaus kann der Einsatz eines Batteriespeichers einen Mehrwert für den Eigenverbrauch darstellen, indem überschüssiger Solarstrom in der Nacht genutzt werden kann. Aufgrund des nicht zu vernachlässigenden Ressourcenaufwands und der nicht unerheblichen Kosten, empfehlen wir allerdings eine umsichtige Dimensionierung der Batterie.

Eine weitere interessante Option ist der kollektive Eigenverbrauch. Sie können den erzeugten Strom mit Ihren Nachbarn teilen und so die Rentabilität Ihrer Solaranlage erhöhen.

Weitere Informationen zum Eigenverbrauch: klima-agence.lu/pv.

Die kostenlosen Tools von Klima-Agence

Um die Machbarkeit und Rentabilität Ihres Projekts zu bewerten, können Sie das nationale Solarkataster nutzen, das unter energie.geoportail.lu verfügbar ist. Dieses Tool identifiziert die Standorte mit der höchsten Sonneneinstrahlung und bietet eine Funktion für den Eigenverbrauch, die es dem Nutzer ermöglicht, seinen Verbrauch zu schätzen und die optimale Investition zu bestimmen.

Unter beihilfen.klima-agence.lu können Sie mit wenigen Klicks die Höhe der staatlichen, kommunalen und von den Energieversorgern gewährten Beihilfen simulieren.



Unabhängige und kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 8002 11 90



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



Gemeng
Biissen



Et si vous utilisiez votre propre énergie ... pour renforcer votre autonomie énergétique et contribuer à la protection du climat.

Les avantages de l'autoconsommation

Un système photovoltaïque produit de l'électricité que vous pouvez soit consommer directement, soit injecter dans le réseau en échange d'une rémunération. Utiliser votre propre électricité pour faire fonctionner des appareils électriques, une pompe à chaleur ou charger une voiture électrique peut s'avérer économiquement avantageux, surtout si le prix de l'électricité de votre fournisseur est plus haut que les revenus générés par la vente de votre électricité solaire injectée dans le réseau.

En outre, l'ajout de batteries de stockage peut vous procurer une plus-value pour l'autoconsommation : elle vous permet d'utiliser le surplus d'électricité solaire durant la nuit. Toutefois, vu la consommation des ressources pour la production de la batterie et le coût non négligeable, nous recommandons un dimensionnement prudent de la batterie.

L'autoconsommation collective est une autre option intéressante. Elle vous permet de partager l'électricité produite avec vos voisins, améliorant ainsi la rentabilité de votre installation solaire.

Pour en savoir plus sur l'autoconsommation : klima-agence.lu/pv

Les outils libre-service de Klima-Agence

Pour évaluer la faisabilité et la rentabilité de votre projet, il est conseillé d'utiliser le cadastre solaire national disponible sur energie.geoportail.lu. Cet outil identifie les emplacements les mieux exposés au rayonnement solaire et propose une fonctionnalité pour l'autoconsommation, permettant à l'utilisateur d'estimer sa consommation et de déterminer l'investissement optimal.

Pour simuler les montants des aides étatiques, communales et des fournisseurs d'énergie disponibles en quelques clics, rendez-vous sur aides.klima-agence.lu.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90

Kräizwuerträtsel

Léist dëst Rätsel a gewannt mat Chance e Kaddosbong am Wäert vu 75€ fir e flotte Moment am "Gréngen Eck"!

Schéckt eis dat richtegt Léisungswuert bis den 31. Oktober per E-Mail un klautjen@bissen.lu. Bonne Chance!

1. Kannerfilm, deen de 6. Juli am Frouert gewise gouf
2. Bei engem Fest vum Blummeveräin spillt de ... eng wichteg Roll
3. Den 3. Oktober gëtt zu Bissen den ... gefeiert
4. Den digitale Fuerplang fir d'Busser heescht ...
5. All Joer ass um éischte Sonndeg am Oktober
6. Hie leet ëmmer den Interview, deen am Klautjen ze liesen ass (Virnumm + Numm)
7. 2 mol am Joer ass zu Bissen ee Maart, wou privat Leit "al" Saache verkafen, esou ee Maart heescht ...
8. E Bissser Meedchen, war an der Virentscheidung fir den ESC (Virnumm + Numm)
9. Den FC Atert Bissen spillt dës Saison an der ...
10. Um Nationalfeierdag, den 23. Juni, gëtt se gesongen, d'...
11. Op een Hoer wier d'Lëtzebuerger Fussballnationalmannschaft op der EM gewiescht, mä si huet am Play-off géint ... verluer
12. Fest, dat ursprénglech aus den USA kënnt, gëtt um Owend vum 31. Oktober gefeiert
13. De Wee vum Kuederlach bei d'Kapell um Wobierg ass den
14. Den 9. Juni war den Dag vun den ...
15. Am leschte Klautjen war ee grouse Reportage iwwert ee Sportclub, deen et zu Bissen an den 30 - 60er Joere gouf




**GEWANNT
EN IESSEN
AM WÄERT
VU 75€**



LÉISUNGSWUERT:

Ee vun de ville Bissser Eventer am Joer

A	B	C	D	E	F	G	H	I	J	K	L	M	N	O
---	---	---	---	---	---	---	---	---	---	---	---	---	---	---



D'Tanja Marnach ass déi glécklech Gewënnerin vum leschte Kräizwuerträtsel mat Léisungswuert "Victor Kalmes".

Les membres du collège des bourgmestre et échevins

David VIAGGI
Roger SAURFELD
Cindy BARROS DINIS

echevins@bissen.lu

Bourgmestre
david.viaggi@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 560
Echevin
roger.saurfeld@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 561
Echevin
cindy.barros@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 562

Les membres du Conseil Communal

Loïc BRUNE
Kevin ENGLEBERT
Joëlle FAGNY
Christian HOSCHEID
Béatrice KABERS
Jos KOECHER
Georges LUCIUS
Carlo MULBACH

conseil@bissen.lu

Conseiller loic.brune@bissen.lu
Conseiller kevin.englebert@bissen.lu
Conseiller joelle.fagny@bissen.lu
Conseiller christian.hoscheid@bissen.lu
Conseiller beatrice.kabers@bissen.lu
Conseiller jos.koecher@bissen.lu
Conseiller georges.lucius@bissen.lu
Conseiller carlo.mulbach@bissen.lu

Accueil

Sandra De Sousa Riberinho

comune@bissen.lu

sandra.desousa@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 521

Population

Rui Brito

population@bissen.lu

rui.brito@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 527

État civil

Jil Kremp

etat-civil@bissen.lu

jil.kremp@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 523

Secrétariat

Yves Urwald

secretariat.communal@bissen.lu

Secrétaire communal
yves.urwald@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 522
jacques.biver@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 530

Jacques Biver

Recette

Camille Schleich
Marlène Dos Santos Alves

recette@bissen.lu

camille.schleich@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 526
marlene.alves@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 535

Service Relations Publiques et Informatique

Max Steffen

com@bissen.lu

max.steffen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 528

Service Technique

Luc Scholtes

technique@bissen.lu

Technicien
luc.scholtes@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 529

Jo-Anne Elsen

Architecte

joanne.elsen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 536

Danielle Storn

Technicienne

danielle.storn@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 525

Marc Mensen

Ingénieur en technicien

marc.mensen@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 524

Alexandre Pereira Lopes

Technicien

alex.lopes@bissen.lu | 83 50 03 - 570

Préposé Forestier

Serge Reinardt

serge.reinardt@anf.etat.lu

Tél. 83 50 03 - 532

Agente municipale

Myriam Weiten

agent@bissen.lu

myriam.weiten@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 513

Coordinateur sportif

Raphaël Stacchiotti


sport@bissen.lu

raphael.stacchiotti@bissen.lu | Tél. 83 50 03 - 534

Structures d'accueil

Ecole Fondamentale
Ecole Préscolaire
Jugendhaus "A Stenges"
Maison Relais "Un der Attert"
Précoce
Crèche "Margréitchen"
Crèche "Beim Musekshaus"

Tél. 85 50 03 - 366
Tél. 83 50 03 - 323
Tél. 26 94 84 - 50
Tél. 83 50 03 - 450
Tél. 83 50 03 - 310
Tél. 83 50 03 - 410
Tél. 83 50 03 - 420



Gemeng Biissen

Editeur

Administration communale de Bissen
1, rue des Moulins
L-7784 Bissen
www.bissen.lu
commune@bissen.lu
Tél. 83 50 03 - 1

Et hu matgeholf

Ivano ANDRESINI, Josiane KIEFER,
Pol SCHUMMER, Max STEFFEN, eis Servicer,
d'Kommissiounen an d'Veräiner, d'Structures
d'Accueillein an d'Gemengesyndicater.

klautjen@bissen.lu

Konzeptioun

Vidale-Gloesener, Luxembourg

Layout

ID · Communication, Luxembourg

Oplo

1.500 Exemplarer


Drock

De Klautjen ass op recycléiertem Pabeier
gedréckt. De Klautjen gétt gratis un all Stéit
an der Gemeng Biissen verdeelt. Net bestallten
Textbeiträg ginn net zeréck geschéckt,
an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass.
Dir fannt de Klautjen och am Internet:
www.bissen.lu



Bitte senden Sie Beiträge (Fotos und Berichte)
von Ihren Veranstaltungen für die Veröffentlichung
im „Klautjen“ bis spätestens 1. November 2024 an:
*Veillez nous envoyer les rapports et photos de
vos événements culturels pour la publication dans
le « Klautjen » jusqu'au 1^{er} novembre 2024 à:*

klautjen@bissen.lu



www.bissen.lu